



dants arabe et juif (...) commenceront d'exister (...) le 1<sup>er</sup> octobre 1948 au plus tard.»;

C. considérant les résolutions du Conseil de Sécurité, dont la résolution 242 du 22 novembre 1967 qui condamne l'«acquisition de territoires par la guerre» et demande le «retrait des forces armées israéliennes des territoires occupés» et affirme «l'inviolabilité territoriale et l'indépendance politique de chaque État de la région et de son droit de vivre en paix à l'intérieur de frontières sûres et reconnues, à l'abri de menaces ou d'actes de violence»; dont la résolution 1515 du 19 novembre 2003 par laquelle le Conseil de Sécurité se déclare «attgché à la vision d'une région dans laquelle deux États, Israël et la Palestine, vivent côte à côte, à l'intérieur de frontières sûres et reconnues»;

D. considérant l'admission de la Palestine en tant que 195<sup>e</sup> membre à l'Unesco le 31 octobre 2011, et le vote favorable du Luxembourg à cet égard;

E. considérant la décision de l'Assemblée générale des Nations Unies du 29 novembre 2012 d'accorder à la Palestine le statut d'État non membre observateur auprès de l'Organisation des Nations Unies, et le vote favorable du Luxembourg à cet égard;

F. rappelant les conclusions du Conseil Affaires étrangères, notamment les conclusions du 17 novembre 2014 appelant à une «paix globale qui mette un terme à toutes les revendications et réponde aux aspirations légitimes des deux parties, notamment celles des Israéliens en matière de sécurité et celles des Palestiniens en faveur de la constitution d'un État palestinien», les conclusions du 15 août 2014, qui soulignent que «l'UE rappelle qu'elle est prête à contribuer à une solution globale et durable renforçant la sécurité, le bien-être et la prospérité des Palestiniens et des Israéliens» et les conclusions du 13 décembre 2010, qui soulignent que l'UE souhaite «voir l'État d'Israël et un État de Palestine souverain, indépendant, démocratique, d'un seul tenant et viable coexistant dans la paix et la sécurité. La légitimité de l'État d'Israël et le droit des Palestiniens à un État ne sauraient être remis en cause» et que «L'UE ne reconnaîtra aucune modification du tracé des frontières d'avant 1967, y compris en ce qui concerne Jérusalem, qui n'aurait pas fait l'objet d'un accord entre les parties. Un tel accord pourrait prévoir des échanges de territoires entérinés par les parties. Il faut trouver un moyen de résoudre, par la voie des négociations, le statut de Jérusalem en tant que future capitale de deux États. L'UE appelle de ses vœux une solution concertée, juste, équitable et réaliste à la question des réfugiés. Un règlement négocié doit permettre aux deux États de coexister dans la paix et la sécurité.»;

G. constatant l'échec à ce jour des tentatives de relance par la communauté internationale du processus de paix engagé depuis 1991 entre Israéliens et Palestiniens;

H. constatant la poursuite de la colonisation illégale en Cisjordanie et à Jérusalem-Est;

I. condamnant toute violence à l'égard des populations civiles;

J. constatant les tensions à Jérusalem, en Israël, en Cisjordanie et à Gaza;

K. soulignant que la solution à deux États, promue avec constance par le Luxembourg et l'Union européenne comme la seule solution possible au conflit israélo-palestinien, suppose la coexistence et la reconnaissance mutuelle de deux États démocratiques et souverains, Israël et la Palestine;

invite le Gouvernement à

- reconnaître formellement l'État de Palestine dans les frontières de 1967 uniquement modifiées moyennant accord des deux parties, au moment qui sera jugé le plus opportun;

- contribuer aux efforts de l'UE pour soutenir le processus de paix en vue d'une solution définitive et globale respectant les aspirations légitimes de paix, sécurité et prospérité pour les deux peuples.

(s.) Marc Angel, Claude Adam, Lydie Polfer, Serge Urbany.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech ginn dem Här Angel Akt vum Dépôt vun der Motioun.

## 4. Changements de composition des commissions parlementaires

Ech wollt dann der Chamber nach matdeen, dass et op Wonsch vun der DP-Fraktioun zu enger Annerung an der Komposition vun eise Kommissioun soll kommen.

Wat d'Zesummesetzung vun der parlamentarescher Kommissioun ugeet, huet d'DP-Fraktioun proposéiert, dass den Här André Bauler d'Madame Anne Brasseur an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire all Kéiers fir de Punkt iwwert de Rapport spécial vun der Cour des Comptes iwwer verschidde Mesuren, déi am Kader vum Chômage geholl ginn, ersetzt.

D'DP-Fraktioun proposéiert och, dass den Här André Bauler vum 17. Dezember 2014 un net méi Member vun der Commission des Affaires intérieures ass, well d'Prozedur vun der Proposition de loi 6605 zum Enn komm ass.

Ass d'Chamber d'accord mat deene Propositionen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

## 5. Ordre du jour

Dir hutt an de Fraktiounen d'Propositione fir den Ordre du jour vun haut, muer de Moien, muer de Mëtten, iwwermuer de Moien an iwwermuer de Mëtte kritt, esou wéi d'Conférence des Présidents dat proposéiert huet. Den Här Ausseminister huet nogefrot, ob et méiglech wär, fir déi Motioun, déi elo just vum Här Angel deponéiert ginn ass, an der Sitzung vu muer de Moien ze traitéieren. Dat géif allerdéngs eng Annerung vum Ordre du jour, esou wéi d'Conférence des Présidents e virgeschloen huet, bedéngen.

Ech wëll awer soen, dass d'Conférence des Présidents zumindest informéiert war iwwert déi Eventualitéit, sech awer dee Moment net ausgeschwat huet, fir et direkt op den Ordre du jour ze huelen.

Also, zur Proposition, fir den Ordre du jour em de Punkt Motioun fir muer de Moien ze ergänzen, hunn ech d'Wuertmeldung direkt vum Här Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här Président. Mir, d'CSV-Fraktioun, sinn der Meinung, dass mer sollte bei dem fréieren Ordre du jour bleiwen, esou wéi e vun der Presidentekonferenz festgehal gouf.

Et ass richtig, dass mer déi Méiglechkeet an der Presidentekonferenz gemeinsam évoquéiert haten. Mir sinn awer op Basis vun där Diskussion, déi mer och an der Aussekommissioun haten, der Meinung, dass et méi sënnavoll wär, am Fong op déi Argumentatiounen anzegoen, déi den Ausseminister de 25. November hei an dësem Sall a senger Ried selwer zur Aussepolitik zu deem Sujet développéiert huet: an zwar, fir sech hei Zäit genuch ze huelen, fir de Problem am Detail ze analyséieren, an haaptsächlech fir och ofzewarden, wéi déi Diskussionen an dem Conseil de Sécurité op där enger Säit géife lafen, an natierlech och, an dat war eent vu senger wesentlechen Argumenter, fir ze kucken, wéi eng gemeinsam europäesch Politik an engem esou wichtege Punkt géif gemaach ginn.

Duerfir fanne mir dëse Moment prématuréiert a mir hätte léiwer, déi Diskussion kéint zu engem spéideren Zäitpunkt gemaach ginn.

Dat zweet Argument, dat ass, dass mer och mengen, dass esou e Punkt wéi deen hei, wat awer ee vun deene wesentleche Punkten ass vun deem, wat momentan an der Weltpolitik geschitt, dass een déi Motioun net sollt einfach ofstëmmen tëschent zwee Gesetzestexter, ouni richtig Diskussion, mä dass ee sech do sollt Zäit huelen, fir dann eng uerdentlech a korrekt Debatt mat där noutwendeger Zäit fir jiddweren ze huelen, an dass een dat zu engem spéideren Zäitpunkt d'nächst Joer sollt maachen.

Duerfir si mir der Meinung, mir sollte bei dësem Ordre du jour, esou wéi en elo festgeluecht war, bleiwen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Wiseler. Weider Wuertmeldungen? Den Här Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, ech deelen net d'Aschätzung vum CSV-Sprieher. Ech mengen, hei ass eng Diskussion, déi geet zréck effektiv op d'Deklaratioun vum Ausseminister. An an där Debatt, déi mer haten, dat ass elo dräi Wochen hier, do ass eng Motioun zu deem doten Thema deponéiert ginn. An normal wär et gewiescht, dass do schonn d'Debatt an d'Ofstëmmung stattfonnt hätten.

Et ass e Renvoi geschwat ginn an déi zoustänneg Kommissioun. An der Kommissioun selwer ass déi ganz Thematik nach eng Kéier zousätzlech diskutéiert ginn. Déi Debatt huet dozou gefouert, dass en neien Text elo haut proposéiert ginn ass. An ech mengen, dass mer hei an den normale Regele vum Parlament funktionnéieren an dass et normal ass, dass mer dës Woch déi Debatt hei féieren an och dann iwwert déi Motioun hei ofstëmmen.

Duerfir si mir fir déi Ofännerung vum Ordre du jour.

► **M. Marc Angel (LSAP).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Bodry. Den Här Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Villmools Merci, Här Président. Mir haten effektiv an der

aussepolitescher Kommissioun doriwwer eng Diskussion. An ech muss soen, dass den Här Wiseler a senger Interventioun de Geescht vun där Diskussion ganz gutt erëmginn huet. Och mir sinn der Iwwerzeugung, dass dat do ee vun deene ganz schwéiere Problemer ass, déi d'Welt am Abléck kennt, dee leider scho ganz laang dauert an deen et géif verdéngen, hei am Parlament och an der Déift diskutéiert ze ginn.

Mir fannen och, dass dat hei elo e bëssen iwwerstierzt ass. A mir géifen och dann d'Meenung verrieden, dass mer sollten eng anstänneg Debatt doriwwer féieren, eis vill Zäit huelen an dann zu enger Konklusioun kommen, wann eben d'Emstänn et erlaben, awer elo net et nach an der Budgetsdebatt do mat eraquëtschen. Ech mengen, dat gëtt einfach der Seriositéit an der Dramatik vun der Thematik net gerecht.

Duerfir wäre mir och derfir, dass mer dat doten op e spéideren Zäitpunkt géife verleeën.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Den Här Urbany.

► **M. Serge Urbany (déi Lénk).**- Jo, Här Président, ech hat jo während der aussepolitescher Debatt eng Motioun eraginn. Ech hunn och déi Motioun hei mat ënnerschiwwen a meng Motioun zréckgezunn. Ech fannen, dass elo de Moment do ass, fir doriwwer ze diskutéieren. Et sinn an der aussepolitescher Kommissioun keng inhaltlech Argumenter virbruecht gi géint deen Text hei. Et ass just mat Zäitgrënn argumentéiert ginn. An ech fannen, Zäitgrënn däerfen hei keng Roll spillen.

Et ass elo schonn esou laang hier, dass déi Problematik do sech stellt. D'Situatioun op der Plaz spëtzt sech zou. An ech fannen, international ass eng Well vun ähnleche Schrëtt amgaange geholl ze gi vun anere Parlamenten an et géif eis gutt passen, wa mir hei eis och géifen an déi Well do areien.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Urbany.

Weider Wuertmeldungen? Dat ass net de Fall.

Da géif ech folgend Proposition zur Ofstëmmung bréngen: Déi, déi mat der Proposition, fir den Ordre du jour ze ergänzen, d'accord sinn, géife mat Jo stëmmen. Déi, déi der Meinung sinn, dass mer beim ursprënglechen Ordre du jour, wéi d'Conférence des Présidents e fixéiert hat, solle bleiwen, déi géife mat Nee stëmmen.

Also nach eng Kéier: Déi, déi mat der Diskussion an der Ofstëmmung vun der Motioun muer de Moien no der Erklärung vum Här Finanzminister zum Budget an zum Zukunftspak d'accord sinn, géife mat Jo stëmmen. Déi, déi net dermat d'accord sinn, mat Neen.

Da géife mer zum Vote iwwergoen.

**Vote sur la proposition d'ordre du jour modifié**

D'Ofstëmmung fänkt un.

► **Une voix.**- Här Président!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo!

► **Une voix.**- Et geet net. Beim Här Mertens och net!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Jo? Solle mer de Vote dann nach eng Kéier maachen?

Dir hutt et notéiert. Da schlësse mer de Vote emol of.

Also, fir d'Ofännerung vum Ordre du jour - mat der Motioun also - hunn 30 Deputéiert gestëmmt, mat Neen der 25, mat där Maassgab, dass de Vote nach komplettéiert soll ginn.

Résultat définitif après redressement: l'ordre du jour modifié est adopté par 34 voix contre 26 voix.

Ont voté oui: MM. Marc Angel (par M. Roger Negri), Frank Arndt (par M. Alex Bodry), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas (par M. Alexander Krieps), Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Han-

sen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Octavie Modert), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här Président, ech mengen, et ass awer e Problem do mat den Apparater. Well et sinn awer...

(Brouhaha)

Den Här Bauler zum Beispill huet och nach net...

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Also mir hunn d'Fiche, déi mer komplettéieren. An alle Fäll ass de Vote kloer an e gëtt komplettéiert. Jiddwereen, deen net ofgestëmmt huet, deen huet de Fanger gewisen. Mir hunn d'Lëscht vun de Votanten, an déi, deenen hir Maschinn net fonctionnéiert, ginn derbäigesat.

An d'Ofstëmmung ass ganz kloer: Et ass eng Majoritéit fir d'Ergänzung vum Ordre du jour.

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Dir sidd sécher, Dir wësst, wéi et richtig ass?

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Mir kommen nach eng Kéier nofroen, ob mir dat an Ärem Sënn esou gemaach hunn. A wann et da sengerliewen net esou kloer wär, da wäre mer éierlech genuch, fir den Ordre du jour nach eng Kéier zur Diskussion ze stellen.

Dat gesot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, géife mer dann zu dem Héichpunkt vun all Joer kommen, d'Presentatioun vun deem wichtigste Gesetz, dat de Budget ass, duerch de Budgetrapporteur, dee fir dëst Joer den Här Franz Fayot ass. Anschliissend géife mer d'pluriannuel Finanzplanung och presentéiert kréien an duerno de sougenannten „Zukunftspak“. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Franz Fayot.

Här Fayot, et ass un lech!

## 6. 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2015 a) modifiant

1. le Code de la Sécurité sociale;
2. la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;
3. la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée;
4. la loi modifiée du 29 juillet 1993 portant création d'un fonds pour la rénovation de quatre îlots du quartier de la Vieille Ville de Luxembourg;
5. la loi modifiée du 28 avril 1998 autorisant le Gouvernement à constituer une Fondation «Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean» et à lui accorder une aide financière;
6. la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;
7. la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;
8. la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées sur les produits énergétiques, l'électricité, les produits de tabacs manufacturés, l'alcool et les boissons alcooliques;
- b) abrogeant la loi modifiée du 4 décembre 1860 relative à l'attribution du produit des amendes et des confiscations en matière répressive

## 6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018

## 6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d'avenir - première partie (2015)

- 1) portant création du Fonds souverain intergénérationnel du Luxembourg
- 2) modifiant - le Code de la Sécurité sociale,





- le Code du Travail,  
- la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 («Abgabenordnung»),  
- la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État,  
- la loi modifiée du 30 juillet 1960 concernant la création d'un Fonds national de solidarité,  
- la loi modifiée du 17 juin 1963 ayant pour objet de protéger les titres d'enseignement supérieur,  
- la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,  
- la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;  
- la loi du 10 mai 1968 portant réforme de l'enseignement (Titre VI: De l'enseignement secondaire),  
- la loi modifiée du 18 juin 1969 sur l'enseignement supérieur et l'homologation des titres et grades étrangers d'enseignement supérieur,  
- la loi modifiée du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie,  
- la loi du 4 juillet 1973 concernant le régime de la pharmacie,  
- la loi modifiée du 30 juin 1976 portant 1. création d'un fonds pour l'emploi; 2. réglementation de l'octroi des indemnités de chômage complet,  
- la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement,  
- la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État,  
- la loi modifiée du 26 juillet 1980 concernant l'avance et le recouvrement de pensions alimentaires par le Fonds national de solidarité,  
- la loi modifiée du 11 avril 1983 portant réglementation de la mise sur le marché et de la publicité des spécialités pharmaceutiques et des médicaments préfabriqués,  
- la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire,  
- la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue,  
- la loi modifiée du 31 juillet 1991 déterminant les conditions d'autorisation d'exercer la profession de pharmacien,  
- la loi modifiée du 26 mars 1992 sur l'exercice et la revalorisation de certaines professions de santé,  
- la loi modifiée du 6 janvier 1995 relative à la distribution en gros de médicaments,  
- la loi modifiée du 11 juillet 1996 portant organisation d'une formation menant au brevet de maîtrise et fixation des conditions d'obtention du titre et du brevet de maîtrise,  
- la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois,  
- la loi modifiée du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers,  
- la loi modifiée du 29 avril 1999 portant création d'un droit à un revenu minimum garanti,  
- la loi du 14 mai 2002 portant reconnaissance d'équivalence du baccalauréat international avec le diplôme de fin d'études secondaires luxembourgeois,  
- la loi électorale modifiée du 18 février 2003,  
- la loi du 30 avril 2004 autorisant le Fonds national de solidarité à participer aux prix des prestations four-

nies dans le cadre de l'accueil aux personnes admises dans un centre intégré pour personnes âgées, une maison de soins ou un autre établissement médico-social assurant un accueil de jour et de nuit,  
- la loi modifiée du 28 mai 2004 portant création d'une Administration de la gestion de l'eau,  
- la loi du 10 août 2005 portant création d'un Lycée technique pour professions éducatives et sociales,  
- la loi modifiée du 19 décembre 2008 relative à l'eau,  
- la loi modifiée du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle,  
- la loi du 17 février 2009 portant 1. introduction d'un congé linguistique; 2. modification du Code du Travail; 3. modification de la loi du 19 août 2008 relative aux aides à la formation-recherche,  
- la loi modifiée du 19 juin 2009 portant organisation de l'enseignement supérieur,  
\* fixant les modalités du cycle d'études d'enseignement supérieur aboutissant à la délivrance du brevet de technicien supérieur;  
\* modifiant la loi modifiée du 4 septembre 1990 portant réforme de l'enseignement secondaire technique et de la formation professionnelle continue;  
\* fixant les modalités d'implantation de formations d'enseignement supérieur ou de création de filiales ou d'établissements privés ou publics sur le territoire du Grand-Duché de Luxembourg;  
\* abrogeant la loi du 14 août 1976 déterminant les conditions de création d'établissements privés d'enseignement supérieur,  
- la loi du 19 juin 2009 ayant pour objet la transposition de la directive 2005/36/CE pour ce qui est a. du régime général de reconnaissance des titres de formation et des qualifications professionnelles; b. de la prestation temporaire de service,  
- la loi du 26 juillet 2010 portant transposition de la directive 2007/2/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 mars 2007 établissant une infrastructure d'information géographique dans la Communauté européenne (INSPIRE) en droit national,  
3) abrogeant  
- la loi du 12 juillet 1994 portant institution d'un congé culturel

**Rapports de la Commission des Finances et du Budget sur les projets de loi n°6720 et n°6721**

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.** - Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleegeen, léif Regierungsmemberen, dësse Budget ass e Budget vun der Verantwortung: Verantwortung fir d'Zukunft vum Land. Dës Regierung ass uge-tratt, fir Reformen ze maachen, déi eist Land batter néideg huet. Natierlech entsprécht kee Budget enger perfekter Wonschvirstellung. Awer e Budget muss d'Zukunft vum Land gestalten, woubäi net den Egoismus vun där heiteger Generatioun den Ausschlag därer ginn.

Här President, virun zimlech genee 40 Joer huet eng Regierung och hir Verantwortung fir d'Zukunft geholl. Am Hierscht 1974 sinn d'Präisser an der Stolindustrie an och d'Com-mandé bei der ARBED op eemol stënterlech an de Keller gaangen. Dat war den Ufank vun enger schwéierer Kris fir eist Land.

De Robert Krieps, e Member vun der deemoleger Regierung, sot 15 Joer duerno, dass d'Bewältigung vun dëser Kris nëmme konnt glécken duerch e breeden Dialog tëschent alle wirtschaftlechen, sozialen, politeschen an intellektuelle Kräften am Land iwwert d'Orientatiounen an d'Moyenen - an der Haaptsaach Sa-crificen -, fir déi Objektivitéit ze erreechen, déi ee sech vun éischten Dag u gesat hat. Mä, esou de Robert Krieps, et hätt een näischt erreecht ouni d'Bewosstsäin vun eiser Schwächt als klengt Land an d'Néidegkeet vun enger breeder a bedéngungsloser Solidaritéit.

De Lëtzebuerger Modell wor am Endeffekt en Erfolleg vum Esprit civique a vum gesonde Mënscheverstand. Deemoos ass d'Land moderniséiert ginn, gesellschaftspolitesch, mä och sozial. D'Tripartite ass agefouert ginn, fir

d'Éischt als Kriseninstrument, duerno als e feste Bestanddeel vum Lëtzebuerger Modell.

Et gëtt der haut, déi de Budget 2015 als „klenge Worf“ beschreiwen. Anerer soen, et wär en „Budget vun der Austeritéit“. Nach anerer, déi mengen, e géif net wäit genuch goen an der Konsolidéierung an am Spueren. An da gëtt et nach déi, déi behaupten, dass se net gesinn, wou d'Rees higeet mat dësem Budget.

Fir mech gëtt et an dësem Budget ganz kloer e roud Fuedem, an dat ass dee vun der Verantwortung:

- Verantwortung, andeem ee sech Rechenschaft ofleet iwwert de reellen Zoustand vun eisen effentleche Finanzen an de Méiglechkeete vum Stat;

- Verantwortung am Choix vun den Ausgaben, déi kënne gekierzt ginn, an deenen, déi au contraire sollen erhéicht ginn, fir dass d'Land sech ka weiterentwéckelen, ouni de soziale Friden an déi sozial Gerechtegkeet a Fro ze stellen;

- Verantwortung am Festleeën vun eise mëttelfristegen Objektivitéit am europäesche Kader;

- Verantwortung och géintiwwer deene Schwächsten an eiser Gesellschaft: de Kanner, de Leit ouni Aarbecht, den Aarmen an deenen, déi besonnesch a Gefor stinn, et ze ginn, den Elengerzéier.

Här President, a sengem Wierk „Theory of justice“ huet de Philosoph John Rawls 1971 dräi Prinzipie genannt fir eng gerecht Gesellschaft: Si muss éischters d'Grondfräiheete garantéieren, zweetens d'Chancéglaichheet a schlussendlech just un deenen Ongläichheete festhalen, déi deene Schwächsten an der Gesellschaft profitéieren.

D'Wëssenschaftler Richard Wilkinson a Kate Pickett hunn an hirem aflossräiche Buch „The spirit level“ unhand vu Statistike bewisen, dass méi gläich Gesellschaften an der Konsequenz e bessere Liewensniveau fir jiddweree garantéieren. Et ass och eis Verantwortung, derfir ze suergen, dass d'sozial Gerechtegkeet längerfristeg garantéiert bleift. D'Regierung huet en vue vun dësem Budget a vum Zukunftspak eng grëndlech Analys gemaach, fir ze kucken, wou ka gespuert oder souguer Ausgabe gestrach kënne ginn, ouni déi sozial Schwaach ze treffen.

Eng verantwortlech Politik maachen, ass seele populär, virun allem am Beräich vum Budget. Fir de Budget an der Riicht ze halen, huet d'Regierung d'TVA eropgesat an en Impôt d'équilibre budgétaire temporaire agefouert. Dat huet net jiddwerengem gefall, och wann et néideg war. Vläch ass dëst verluer gaangen an der Lëtzebuerger Politik, déi laang gewinnt war, ëmmer kënnen auszeginn. Mä et ass néideg, esou eng Politik ze maachen, am Dialog mat alle wirtschaftlechen, sozialen, politeschen an intellektuelle Kräften an dësem Land, mat engem stännege Bléck op d'sozial Gerechtegkeet.

Dëst heescht och, dass een net laanscht eng déif gräifend Reflexioun iwwer eise Steiersystem kënnt, bei där ee kuckt, a wéi enge Beräicher méi oder manner besteiert soll ginn, ouni dobäi weder ze vill déi schaffend Leit nach den Entrepreneurat an also den Emploi ze treffen. Den Zukunftspak ass e Projet, deen d'Aktioun vun dëser Regierung wäert während der ganzer Legislatur begleeten, parallel zum Ausschaffe vun enger neier Prozedur, déi den Émgang mat effentleche Gelder méi effikass mécht.

Här President, mir wëssen elo, dass d'Joer 2014 e gudd Millésime war fir Lëtzebuerg a wirtschaftlecher Hisiicht. Mir sinn an dësem Joer ëm ronn 3% gewuess, an der Haaptsaach am éischte Semester, mat engem daitleche Réckgang am zweeten Deel vum Joer.

Fir 2015 wësse mer, dass de Statec seng Previsiounen vum Uwuesse vum PIB en volume vun 3,3% am Fréijoer op 2,2% elo am Hierscht zréckgesat huet, also ëm e ganzen Drëttel. D'Budgetsvirlag, déi am Oktober presentéiert gouf, war och scho méi virsichteg, mat enger Previsioun fir 2015 vu plus 2,7% PIB. Mä et schéngt elo, dass och dat wahrscheinlech nach ze vill optimistesche war, well och d'Europäesch Kommissioun, den FMI an d'OCDE gesinn d'Lëtzebuerger Wirtschaftsleeschtung 2015 just ëm 1,9% bis 2,4% wuessen.

Wat déi mëttelfristeg Previsiounen ugeet, esou muss ee soen, dass och do d'Previsiounen fir 2016 bis 2018, wéi se am Budget pluriannuel stinn, optimistesche sinn, mat Tauxe vun 3,5% bis 3,7% Croissance. Et ass ze erwaarden, dass och dës Previsiounen no ënnen ajustéiert gi bei der nächster Aktualisatioun vun eise Plan de stabilité et de croissance am Fréijoer 2015.

Dës méi schwaach Wuesstumszuelen hunn natierlech och en Impakt op aner Wäerter. D'Schafung vun Aarbechtsplazen entwéckelt

sech manner dynamesch, mä ëmmerhin nach mat plus 2% nei Aarbechtsplaze fir 2015. Och de Chômage hält zou amplaz sech ze stabiliséieren! Vu 6,9% 2013 op 7,2% 2014 an op 7,4% 2015!

Wat d'Inflatioun ugeet, esou ass dës ganz schwaach. A mir sinn domat am desinflationisteschen Trend, deen ee weltwäit, a besonnesch an Europa, observéiert. No geschatenen 0,7% 2014 soll de Verbraucherindex 2015 ëm just 1,4% klammen. Dës Tendenz ass aus enger ekonomescher Perspektiv net onproblematesch, well se riskéiert, de Konsum ofzubremsen. Mä si fiedert awer op eng gewëssen Aart a Weis d'Erhéijung vun den TVA-Sätz ëm zwee Prozentpunkten of. Déi nächst Indexbranche soll de Previsiounen no am zweeten Trimester 2015 kommen.

Här President, léif Kolleegeinnen, léif Kolleegeen, wat den internationale Kontext ugeet, esou drécken d'Sanktiounen géint Russland, d'Krisen a Syrien an am Irak mat der Montée vum Islamische Stat, d'Risiko vun enger Ebola-Epidemie a Westafrika op d'Exporter vun eisen Haapthandelspartner. En „hard landing“ vun der chinesescher Ekonomik hätt weider negativ Répercussiounen op déi international Konjunktur.

Als éischer positiv sinn déi niddreg Pétrolspräisser an déi niddreg Zënsentaunen ze gesinn. De Pétrol ass esou béleg wéi säit 2010 net méi, wat eiser Wirtschaft zeguttkennt. Och déi niddreg Zënse missten d'Betriber eigentlech dozou incitéieren ze investéieren, wat awer an der Realitéit net de Fall ze si schéngt. Och déi éischer gutt Entwécklung op de Finanzmäert an dësem Joer 2014 ass positiv, wann een där staarker Relatioun tëschent der Finanzplaz an der Entwécklung op de Bourse Rechnung dréit. Mä et herrscht och do nach ëmmer eng ganz staark Volatilitéit, a fir 2015 gëtt éischer eng negativ Entwécklung virausgesot.

Här President, dësse Budgetsexercice war a munchen Hिसichten en atypeschen. Fir d'Éischt emol, well mer dräi Gesetzesprojeten hunn: de klassesche Budget, de Projet de loi de programmation financière an den Zukunftspak.

Et war dës Kéier deen éischte Budget pluriannuel ënnert dem Gesetz vum 12. Juli 2014 iwwert d'Koordinatioun an d'Gouvernance vun den effentleche Finanzen, dat jo verschidden Dispositiounen aus dem Traité sur la stabilité, la coordination et la gouvernance au sein de l'Union économique et monétaire ëmsetzt.

Déi zweet Niegkeet war de Passage vun der aler Norme comptable SEC 95 op eng nei Norm, de SEC 2010. D'Konsequenz dovun si verschidde buchhalteresch Ännerungen, an der Haaptsaach, dass d'Ausgaben am Beräich Recherche an Développement elo als Dépenses d'investissement gebucht ginn, an och, dass d'SNCI an de Perimeter vum Zentralstat konsolidéiert gëtt.

Drëttens ass dëst Joer den éischte Schrëtt a Richtung Budget nouvelle génération gemaach ginn. Dir hutt scho bei der Presentatioun vum Budget am Oktober héieren, wat fir eng Viraarbecht hei gemaach ginn ass, an ech brauch dat net ze widderhuelen. D'Regruppéierung vu Posten an d'Flexibilitéit fir d'Ministèren, fir Kreditter vu Kapitalausgaben op d'Dépenses courantes ze transferéieren ouni den Accord vun Finanzminister, sinn éischt Methoden, déi een och an engem Budget à objectifs fënnt. Et ass gesot gi vun der IGF, wéi si bei eis an der Cofibu (veuillez lire: Commission des Finances et du Budget) war, dass d'Expérience weist, dass eng Method no Objektivitéit mat méi enger flexibeler Gestéioun vun effentleche Gelder eng besser a méi effizient Gestéioun mat sech bréngt.

Éischt konkulant Experienzen an dësem Sënn sinn zum Beispill an den Etablissements à gestion séparée wéi de Lycée gemaach ginn.

Här President, Dir wësst, dass d'OCDE an engem Rapport vun 2011 der Regierung recommandéiert huet, op eng Comptabilité à objectifs iwwerzeklappen, wéi et se beispillsweis a Frankräich mat der Loi organique relative aux lois de finances, besser ënnert dem Term LOLF bekannt, an och an Éisträich gëtt. Mir erënneren eis, dass den honorablen Deputéierte Roger Negri schonn a sengem Budgetsrapport fir d'Joer 2006 de Budget à objectifs thematiséiert huet, zu enger Zäit, wou soss nach keen hei am Land doriwwer vill geschwat huet.

D'Cofibu wënscht sech, dass dës Reform schëtzeg weidergedriwwen gëtt an dass d'Chamber enk an d'Ausarbechtung vun dësem esou wichtige Gesetzesprojet implizéiert gëtt, an zwar net eréischt, wann de Projet de loi scho steet. D'Chamber huet hei eng besonnesch Roll, well et ëm de Kader fir d'Budgetgesetz geet, wat jo, wéi mer all wëssen, dat Gesetz par excellence ass, wou d'Parlament seng Kontroll iwwert d'Exekutiv ausübt.





D'Cofibu muss och hiert Bedauern ausdrécken, dass de Comité de prévision dës Kéier net zesummekomm ass en vue vum Ausschaffe vum Budgetsprojéit 2015 an dem Budget pluriannuel 2014-2018. Schonn eleng weinst senger Zesummesetzung war et an der Vergaangenheet, an zulescht beim Budget 2014, ëmmer interessant, dem Comité de prévision seng Analys iwwert d'Entwécklung vun de Statsfinanzen ze héieren. Dëst wär a besonneschem Mooss an dëser Budgetsprozedur nëtzlech gewiescht an hätt vläicht och eng besser a méi prezis Aschätzung vu verschiddene Spuermesuren erlaabt. Et wär gutt a wichteg, wann d'Institutionalisierung vum Comité de prévision, déi jo och esou am Regierungsprogramm virgesinn ass, esou schnell wéi méiglech op de Leescht kéint geholl ginn.

D'Cofibu bedauert och, dass den neie Conseil national des finances publiques, dee jo am Gesetz vum 12. Juli 2014 virgesinn ass, net konnt matzäit zesummekommen, fir en Avis iwwert dës éischt Loi de programmation financière pluriannuelle ofzeginn. Et ass allerdinges verständlech, wann ee kuckt, wéi spéit dës Conseil gebilt ginn ass, dass e ganz weineg Zäit hat.

Schlussendlech sief nach, wat d'Prozedur ugeet, bemierkt, dass d'Cofibu et begreist, dass d'Regierung den Dialog mat deenen dräi grouse Gewerkschaften erëm opgeholl huet an dass et zu engem Accord komm ass mat de Gewerkschaften. Et ass allerdinges zu bedauern, dass dëst esou spéit geschitt ass. Dëst huet d'Aarbecht vun der Finanzkommission a vum Rapporteur an engem souwéiso schonn aussergewöhnlechen Exercice net méi einfach gemaach. D'Cofibu huet missen eng ganz Woch hir Sitzungen aussetzen an duerno huet alles misse ganz schnell goen. Et hätt een och kënnen d'ar Hektik aus de Féiss goen, wann een esou Consultatione schonn am Virfeld gefouert hätt. Et bleift och ze wënschen, dass de Lëtzeburger Modell, dee jo och d'Participation vun deenen zwee Sozialpartner viraussetzt, erëm relancéiert ka ginn.

Här President, ech kommen da bei déi finanziell Analys vun deenen zwee Budgetsprojeten: dem Programme pluriannuel engersäits an dem Budget 2015 anerersäits.

De Programme pluriannuel obligéiert ons vun dësem Joer un, ons ëffentlech Finanzen an engem mëttelfristeger Optik ze betruechten. Dës Approche gouf et bis ewell nëmmen um Niveau vun de Spezialfongen a vum Budget en capital vum Stat. Elo gëtt d'Method vun der pluriannueller Programmation op de Gesamtstat ausgedehnt, dat heescht och op d'Dépenses courantes vum Zentralstat, awer och op d'Sécurité sociale an op d'Gemengen.

D'Gemenge mussen jo bekanntlech och zënter dësem Joer, opgrond vun der Modifikatioun vum Gemengegesetz vum 30. Juli 2013, déi sougenannt „plans pluriannuels de financement“ eraginn. Et sief hei bemierkt, dass dësen Exercice duerch déi bekannt Ëmstänn Enn 2013, Ufank 2014 net am Délai konnt ofgeschloss ginn, soudass d'Donnéeën vun de Gemenge beim Opstelle vum Programme pluriannuel net allegueren disponibel waren.

Den Objectif à moyen terme, dee Lëtzebuerg sech ginn huet an dee vun der Europäescher Kommission och validéiert gouf, läit am Moment bei plus 0,5% vum PIB. Den OMT gëtt en termes de solde structurel ausgedréckt.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zum Solde structurel muss ech e puer kritesch Bemierkunge maachen, déi och vun aneren Instanzen, wéi dem Statsrot, der Zentralbank, oder eenzelne Berufschambere gedeelt ginn. Eng Kritik, déi ee maache muss, ass, dass d'Berechnung vum Solde structurel eng relativ intransparent Prozedur ass an nëmme schwéier novollzéibar ass. Dëst ass dowéinst problematesch, well et jo awer esou e wichtegen Indicateur ass an der nationaler an europäescher Budgetpolitik.

Ouni wëlle weider an den Detail ze goen, muss een dozou wëssen, dass d'Europäesch Kommission eng aner Rechnungsmethod hält wéi de Statec, wat zu deelweis groussen Differenze beim Resultat ka féieren. D'Zentralbank, hirersäits, rechnet mat enger Method vun der Europäescher Zentralbank. Et wär deemno wichteg, hei eng eenheetlech Method ze benotzen, déi am Resultat och vun der Kommission acceptéiert gëtt.

Fir zrëck op de Budget an op de Pluriannuel ze kommen: Ouni den Zukunftspak hätt sech eise Solde structurel no an no degradéiert, fir op minus 1,2% ze falen. Domat wärem mer kloer en infraction gewiescht mat eisem Objectif à moyen terme a mir hätt riskéiert, ënnert de Volet correctif vum Pacte de stabilité ze geroden. Mam Zukunftspak wäerte mer bis 2018 eisen OMT mat plus 0,4% all Joer praktesch erreechen an 2016 esouguer lichter driwwer leien. Dat ass nëmme méiglech, well mir mat der Tra-

jectoire d'ajustement, déi mir virgesinn hunn, en „front-loading“ maachen, dat heescht, dass mer de Gros - ronn d'Halschent - vum Konsolidierungseffort schonn am nächste Joer maachen, dat Joer, an deem eis och de Groussdeel vun eisen TVA-Recetten aus dem Commerce électronique ewechbriechen wäert, also ronn 700 Milliounen Euro.

À politique inchangée hätt mir eis ëffentlech Finanzen bis 2018 net an de Grëff kritt. Zwar wär den Defizit am Gesamtstat vun 800 Milliounen an de Quasi-Équilibre komm, mä am Zentralstat wär och 2018 nach en Defizit vun 1,1 Milliarden Euro bliwwen. 2015 hätt mer am Zentralstat esouguer en Defizit vun iwwer 1,5 Milliarden ausgewisen. Fir dës Defiziter ze finanzéieren, hätt mer weider misse Schold ophuelen. Eis Statsschold wär vun haut ronn 11 Milliarden Euro, oder 23% vum PIB, op iwwer 16,3 Milliarden, oder 26,6% vum PIB, ugewuess. Mir wärem eiser Limite vun 30%, déi mir eis gesat hunn, also dätlech méi no komm.

Duerch den Zukunftspak, deen natierlech och e Konsolidierungspak ass, kréie mer dës Tendenz bis 2018 ëmgedréit. Den Defizit am Zentralstat gëtt schonn am nächste Joer ëm ronn 700 Milliounen Euro reduzéiert op 875 Milliounen, fir bis 2018 op 170 Milliounen, oder 0,3% vum PIB, zrëckzegoen. Doduerch verbessert sech natierlech och de Sold vum Gesamtstat. Aus engem Defizit vun 135 Milliounen Euro 2015 gëtt 2018 en Iwwerschoss vun 850 Milliounen, oder 1,5% vum PIB.

En Deel vun dëser Verbesserung ergëtt sech och aus dem Iwwerschoss vun der Sécurité sociale, dee sech vun 1,4% (veuillez lire: vu plus 1,4%) oder 800 Milliounen 2014 op plus 1,8% oder 1,06 Milliarden 2018 verbessert. De Secteur communal bleift tëschent 2015 an 2018 praktesch am Équilibre mat engem klengen Defizit vun 0,1% vum PIB.

Duerch déi reduzéiert Defiziter wäert och d'Statsschold bis 2018 manner séier klammen, op eppes iwwer 13 Milliarden Euro, a sech 2018 bei ronn 22% vum PIB stabiliséieren. Am Pluriannuel geet d'Regierung dovun aus, dass bis 2018 nach zweemol eng Milliard an zweemol eng hallef Milliard nei Schold mussen opgeholl ginn. D'Bedänge vun den Zënse op d'Statsschold geet lues vun 219 Milliounen 2015 op 245 Milliounen fir 2018 an d'Luucht.

Dës Zomme weisen, dass eng ze vill héich Statsschold den Handlungsspiirraum vun der Politik aschränke kann. 200 Milliounen Euro, dat ass de Präis vun zwee Lycéeën. Mir hunn als Land och all Intérêt, eis Triple-A-Notatioun ze halen, déi am Moment dank eiser vorsiichtiger Budgetpolitik net a Gefor ass. Dës Rating erlaabt et eis als Stat, zu gënschteger Konditione Suen ze léien, an doriwwer eraus ass et en Zeeche vu Stabilitéit a Kompetitivitéit, wat eiser ganzer Wirtschaft zeguttkëent.

An deem Kontext géif ech gären eng Iddi relancéieren oder lancéieren, déi Dir och a mengem schrëftleche Rapport fannt, an zwar d'Emission vun engem Emprunt populaire, wéi mir e schonn 2008 haten. Esou en Emprunt „grand public“, fir d'ëffentlech Investitionsfongen ze speisen, hätt den duebele Virdeel, dass och d'Klengspuerer eng interessant Méiglechkeet géife gebuede kréien, fir a Statspabeieren ze investéieren, an dass de Stat manner Auslandschold hätt, wat e wichtegen Indicateur ka sinn, fir d'Qualitéit vun der Schold an d'Exposition vun engem Land ze bewäerten. D'Cofibu invitéiert d'Regierung, fir dës Méiglechkeet seriö ze präiwen.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, et ass an et wäert och während der Budgetdebat kritiséiert ginn, dass den Zukunftspak ze vill op nei Recetten opbaut an net genuch bei den Ausgabe gekierzt gëtt. Wann een d'Zuele kuckt, da gesäit een, dass sech de Ratio Recettes-Dépenses vun ongeféier 68 zu 32% am nächste Joer graduell bis 2018 op 58 zu 42% verännert. Dat läit dorunner, dass d'Recettèmesuren, notament d'TVA-Erhéijung an d'Afëierung vun temporären Impôt d'équilibre budgétaire, schonn direkt am nächste Joer en Impakt wäerten hunn, iwwerdeems d'Mesuren op der Dépensesäit eréischt no an no gräifen. Et war jo e bewosst Choix vun der Regierung, fir bei eenzelne Mesuren en „phasing out“ virzegesinn an net vun haut op muer mam Virschlaghammer virzegoen.

Wann engem, wéi am Fall vum Commerce électronique, vun engem Joer op dat anert 700 Milliounen Recetten ewechfalen, da kann een dee Verloscht net integral oder haaptsächlech op der Dépensesäit kompenséieren; da muss een och nei Recettë schafen. Ech weisen an deem Kontext just drop hin, dass d'TVA-Erhéijung schonn 2013 vun der viregter Regierung decidéiert gi war, an dat war och richtig esou.

E puer Wuert nach zur Investitionspolitik vun dëser Regierung: D'Kreditter am pluriannuelen

Budget fir direkt an indirekt Investissementer gi vun 2014 bis 2018 ganz substanzuell an d'Luucht, vu gutt 1,7 Milliarden Euro am lafende Joer op gutt 2,5 Milliarden 2018. Dat entsprécht enger Croissance moyenne vu méi wéi 10% pro Joer! D'Cofibu begreist dës Décisionen vun der Regierung, fir net beim Invest ze spueren - am Géigendeel -, well en héijen Invest ass d'Viraussetzung, fir och an Zukunft nach performant Infrastrukturen, en héije Wuesstum an eng gutt Liewensqualitéit kënnen ze garantéieren.

Här President, viles iwwert de Budget 2015 ass scho gesot, wann een iwwert de Pluriannuel geschwat huet. Och dat ass en neie Moment an dëser Budgetsprozedur. Dofir wëll ech a mengem Duebelrapport nëmmen nach kuerz op e puer Zuelen a Fakten ze schwätze kommen, déi speziell de Budget 2015 betreffen.

Och wa mir elo e Pluriannuel an der Logik vum SEC 2010 opstellen a stëmmen, esou gëtt de Budget fir dat nächste Joer nach ëmmer no de Regele vun eiser nationaler Kontabilitéit opgestallt a gewielt. An dëser Duerstellung wäerten d'Recetten 2015 ëm nëmmen 2,1% klammen, wat natierlech d'Resultat ass vum Abroch vun der TVA um E-Commerce, déi net integral kompenséiert gëtt.

Op der Dépensesäit steet e Plus vu 5,1%. Iwwert déi gesamt Véierjoresperiod 2015 bis 2018 wäerten d'Ausgaben en moyenne ëm déi 4% pro Joer wuessen. Au vu vun dësen Zuele vun engem „Austeritéitsbudget“ oder vun enger „Austeritéitspolitik“ ze schwätzen, ass wuel kaum ubruecht, fir dat elo emol hei mat der néideger Retenue auszedrécken.

Wéi scho gesot, wäert 2015 d'TVA um Commerce électronique abriechen oder, méi richtig gesot, d'TVA-Einnahme wäerten zwar weider wuessen, mä mir mussen opgrond vum neien TVA-Regime 70% vun de Recetten un d'Land vum Wunnsätz vum Keefer weiderginn. 2017 geet deen Taux op 85% erop an 2019 mussen mir déi Zommen dann integral iwwerweisen.

Eng aner Recette, déi mir 2015 fir d'Lescht erakréien, ass eisen Undeel vu 25% un der Quellesteier op den Zënse vun de Bierger mat Wunnsätz am EU-Ausland. Dat si 40 Milliounen Euro. 2015 gëtt jo da bekanntlech den Échange d'informations agefouert.

Bei den direkte Steieren ass et virun allem den Impôt sur les traitements et salaires, deen 2015 ëm 10,8% op 3,3 Milliarden Euro an d'Luucht geet, am Verglach zum Budget voté 2014. An der Konsequenz klëmmt och d'Solidaritéitssteuer vun de Personnes physiques ëm knapps 10% op 316 Milliounen Euro.

D'Kollektivitéitssteuer an d'Solidaritéitssteuer vun de Betriber ginn am Verglach dozou nëmmen ëm 4,7% an d'Luucht, op 1,6 Milliarde respektiv 120 Milliounen Euro. D'Kierperschaftssteuer, den IRC, bleift konstant op 240 Milliounen; d'Vermögenssteuer, déi vun de Betriber bezuelt gëtt, soll licht op 285 Milliounen klammen. D'national Quellesteier bréngt nëmmen nach 25 Milliounen Euro an de Statsbudget eran, wat natierlech och d'Konsequenz ass vun den extrem niddregen Zënse. Insgesamt sollen déi direkt Steieren 2015 ëm 7,5% klammen.

Bei den indirekte Steieren ass d'Bild e bësse méi mitigéiert, net nëmme weinst der TVA, déi ëm 11% op 2,7 Milliarden Euro zrëckgeet, mä och d'Akzisen an d'Autossteuer si lichter réckleefeg. Par contre sollen d'Droits d'enregistrement ëm 6,1% steigen an d'Taxe d'abonnement ëm 8,5%, woubäi een natierlech ëmmer derbäisoe muss, dass dës Tax ganz volatil ka sinn, well se ofhänkt vun den Avoirs sous gestion vun de Fongen an domat zu engem gudden Deel vun der Evolution vun de Boursen an de Finanzmärter.

Schlussendlech rechnet de Stat och mat Dividende vun der Post a vun der Spuerkeess vun 20 respektiv 40 Milliounen, a vu sengen anere Participatiounen a Gesellschaften an Héicht vu ronn 125 Milliounen Euro, wat e Minus vu 16% par rapport zum Budget 2014 duerstellt.

Op d'Dépenses ginn ech elo hei net am Detail an. Ech hat scho gesot, dass d'Regierung am Kader vun der grousser „pending review“ decidéiert huet, eng Rei Kreditter ze kieren oder ze strächen, déi am Joer 2015 net méi an d'Landschaft passen, an als Géigepartie d'Ausgaben dohinner ze orientéieren, wou d'Zukunft sech ofspillt: an d'Bildung, an d'Kannerbetreuung, an d'Recherche, an d'Mobilitéit - a speziell an den ëffentlechen Transport -, an d'Sozial- a Gesondheitsinfrastrukturen, an den Emploi, et j'en passe.

Ech verweisen hei op mäi schrëftleche Rapport an op de Commentaire du budget des dépenses.

Eng wichteg Neierung am Budget 2015 respektiv am Pluriannuel ass d'Obligatioun fir d'Regierung, fir d'Informatiounen ze publizéieren iwwert d'Dépenses fiscales, dat heescht

iwwert den Déchet fiscal oder de Manque à gagner fir de Statsbudget vun de steuerlechen Ausnahmeregelungen - Abatementer, Exonérations, Exemptions, Deductions a soss Bonifikatiounen. Dës Opstellung ass ganz wäertvoll, well se eng éischte Kéier an engem offiziellen Dokument probéiert, den Inventaire ze maache vun dësen Dispositiounen an och hire finanziellen Impakt ze chiffréieren.

Als Cofibu begreisse mir dës Informatioun, mä mir mussen awer och kritiséieren, dass dës Lëscht nach net komplett ass. Och d'Zentralbank an de Statsrot hunn dat kritiséiert. Et fällt zum Beispill op, dass bei den direkte Steieren zwar d'Dépenses fiscales um Niveau vun de Privatpersounen ausgewise sinn, mä den Inventaire bei de Betriber net gemaach ginn ass. Dës Lacune ass am Kader vum nächste Budget oder vläicht schonn éischter, am Kader vun der Vorbereitung vun der grousser Steuerreform, onbedéngt ze behiewen.

Et sief an deem Kontext och op den Avis vum Statsrot higewisen, dee sech méi am Detail mat den Dépenses fiscales befaasst an eng Partie interessant Iwwerleeungen stellt, wéi een dës Volet kéint weider ausbauen.

Här President, fir mat der Budgetsanalysis zum Ofschloss ze kommen, wëll ech nach op e puer eenzel Dispositiounen vum Budgetgesetz agoen.

Wéi scho gesot, gi mam Artikel 6 vum Budgetgesetz dräi TVA-Tauxen ëm 2% an d'Luucht, an zwar den Taux normal vu 15% op 17%, den Taux intermédiaire oder „Taux parking“ vun 12% op 14% an den Taux réduit vu 6% op 8%. Et muss een hei nach eng Kéier betounen, dass de superreduzierten Taux vun 3% net an d'Luucht geet. Dee bleift bei 3%. Dorënner fale Liewensmëttel, Medikamenter, d'Kannerkleedung, den ëffentlechen Transport, d'Bicher etc., also viles vun deem, wat ee gemengerhand als „Grondbedarf“ oder „biens de première nécessité“ bezeichent. D'Exception ass hei den Alkohol, deen am Restaurant oder am Café zerwéiert gëtt, dee vum Taux super-réduit an den Taux normal geholl gëtt.

Bei der TVA-Logement huet d'Regierung decidéiert, fir den 3%-Taux net méi ze accordéieren fir de Bau vu Wunnengen, déi dem Propriétaire net als spéideren Haaptwunnsätz déngen. Am Kloertext sinn dat Wunnengen, déi vun Investisseur kaaft ginn, fir se ze verlounen an esou hir Suen ze placéieren an e gudde Rendement ze erwirtschaften. D'Regierung huet déi couragéiert Décision geholl, dës Marché, deen nach ëmmer ganz profitabel ass fir d'Promoteuren an d'Investisseuren, net méi ze subventionéieren.

Och hei muss ee betounen, dass nëmmen den Neibau beträff ass. D'Renovatioun an d'energetesch Sanéierung, och vu Wunnengen, déi verloun ginn, bleiwen um Taux vun 3%, wat fir d'Lëtzeburger Handwierk e wichtegen Detail ass.

Eng zweet Dispositioun am Budgetgesetz ass d'Afëierung vum Impôt d'équilibre budgétaire temporaire duerch den Artikel 7. Ech kommen nach spéider dorop zrëck.

Schlussendlech wollt ech och nach den Artikel 28 vum Budgetgesetz ervirsträchen, duerch deen de Fonds pour la réforme des services de secours geschafe gëtt. Mat dësem Fong, deen ongeféier jee zur Halschent vum Stat a vun de Gemenge gespeist gëtt - 2015 sinn et 25 Milliounen Euro -, soll den zukünftigen Etablissement public fir d'Rettungsdéngschter finanzéiert ginn. D'Gemenge steieren hiren Deel dozou bäi, andeems hiren Undeel un der TVA-Erhéijung vum FCDF an den neie Fong ofgezweigt gëtt.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, d'Zil vun deenen dräi Budgetgesetzter ass duebel. Et geet engersäits drëm, eis ëffentlech Finanzen ze konsolidéieren, fir se erëm op eng Schinn ze kréien, wou se op Dauer équilibréiert sinn, an anerersäits geet et drëm, de Stat ze moderniséieren, fir e méi effikass ze maachen. Spueren ass kee Selbstzweck. Mä och, wann den europäesche Kader, an deem déi national Budgetpolitik sech füge muss, ganz - vläicht ze vill - rigid ginn ass, ass et wichteg, dass e Land gesond Statsfinanzen huet. Déi nächst Generatiounen mussen genuch Spillraum behalen, fir hire Gesellschaftsprojéit ze verwirklechen.

An där Perspektiv gëllt et, zwee Punkten net aus den Aen ze verléieren: d'Evolution vun der Statsverschuldung an d'Investissementer. Déi zwee hänken enk zesammen, well et sinn d'Investissementer vun haut, net nëmmen an d'Steng, mä an der Haaptsaach an d'Mën-





schen, déi muer deen néidege wirtschaftleche Mehrwärt erlaben, fir eis Schold zréckzebezuelen.

Wann dat net de Fall ass an d'Sue vun haut net richtig investéiert ginn, da sinn d'Scholden vun haut d'Steiere vu muer. An da sinn déi zukünftige Generatiounen hypothéquéiert. Intergenerationell Solidaritéit ass also net à sens unique. A mir müssen oppassen, dass mer keng Generatioun vu Schëldner schafen!

Mir hu gesinn an der Diskussioun ronderëm de Budget an den Zukunftspak, dass der Regierung hir Politik vu manche Säiten hier kritisiert ginn ass. Dat huet sécher vill ze di mat der Mentalitéit vun enger Generatioun, déi säit de Mëtt 80er vun der Politik gewinnt war, dass se ëmmer nëmmen ausgedeele krut an ni oder ganz seelen huet missen Affär bréngen. Dofir muss ee sécherstellen an d'Land och iwwerzeegen, dass déi Mesuren, déi ee proposéiert, och an d'Richtung vu méi Kloecheit, Gerechtegkeet, Gläichheet an Dauerhaftegkeet ginn. Mir dierfen zu Lëtzebuerg déi esou néideg Zukunftsperspektiv fir d'Land net aus den Ae verléieren!

Wann een iwwert den Niveau vun der Verschëldung schwätzt, kritt ee munchmol gesot, dass den Niveau quer net héich wär, jo, bal bei null léich, well d'Schold, déi gemaach gouf, an der Haaptsaach an Infrastrukturen investéiert gouf, déi och den zukünftige Generatiounen zegutt kommen: Schoulen, Spideeler, Stroossen. Dat ass och net falsch: D'Dette nette, wann een d'Avoire vum Stat ofzitt, ass bal null. Mä engersäits ass et esou, dass déi europäesch Kritären eng Verbuchung vun der Bruttoverschëldung vorschreien, an anersäits bleift d'Realitéit, dass dës Schold, egal firwat se gebraucht gëtt, op de Statsbudget dréckt an de Stat manner flexibel mécht a senger Politik, well en en décke Batz Zënse an Schold beziele muss, am-plaz déi ëffentlech Gelder fir aner Zwecker ze gebrauchen.

Munchmol gëtt och op de positive Sold vun der Administration publique, also dem Gesamtstat, verwisen, fir d'Wichtigkeet vum Defizit vum Zentralstat klengerzieren. Mä dës Ofkierzung ass geféierlech. Well all Bestanddeel vum Gesamtstat - d'Gemengen, d'Sécurité sociale an den Zentralstat - muss säin eegene Budget am Lot halen, och wann den Zentralstat mat sengen Transferten zum Deel zur Finanzéierung vun de Gemengen an der Sécurité sociale bäidréit.

Et ass och evident, dass déi bal 14 Milliarde Reserven an der Pensiounskeess dem Service vun engem Deel vun de Rente virbehale sinn, dës den Ament, wou d'Ausgabe vun der Pensiounskeess net méi ganz duerch d'Recettë gedeckt ginn. Et handelt sech hei ëm en intergeneratiounelle Solidaritéitsmechanismus, deen ni wäert benotzt kënnen ginn, fir dem Stat seng kuerzfristeg Ausgaben ze bezuelen.

Ganz enk verbonne mat der Diskussioun iwwert d'Dauerhaftegkeet vun eisen ëffentleche Finanzen ass déi iwwert d'Zukunft vum Lëtzebuerger Wirtschaftsmodell.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, mir wëssen alleguer, wéi ofhängeg eist Land a wirtschaftlecher Hinsicht vun der europäescher Konjunktur ass. De Wuesstumspotenzial fir Europa ass erofgaangen a gëtt elo tendenziell op 1,5% geschätzt. Fir Lëtzebuerg, dat jo un eng Moyenne vu Wuesstum vu 4% gewinnt war iwwer laang Zäit, läit de Wuesstumspotenzial mëttelfristeg bei 2% a laangfristeg, verschiddene Studien no, souguer nach méi niddreg.

Et ass hei déi statistesch Illustratioun vun engem Phänomeen, dee säit Kuerzem ënner Ekonomisten diskutéiert gëtt an dee vum Bill Clinton sengem fréiere Minister Larry Summers an d'Gespräch bruecht gouf: d'Theorie vun der „secular stagnation“, déi beseet, grob vereinfacht, dass westleche Vollekswirtschaften aus verschiddene Grënn eng länger Zäit vu schwächer Croissance bevirsteet.

Elo kann een natierlech soen, dass laangfristeg wirtschaftlech Provisiounen méi mat Kaffisaziesen ze dinn hu wéi mat Wëssenschaft an dass et insbesonnesch fir eng kleng, atypesch Ekonomie wéi déi lëtzebuergesch onméiglech ass, virauszesoen, wéi mer eis entwéckelen. Dat mag sinn. An et wär schéin, wann déi Wuesstumstaxe vun 3% bis 4% PIB pro Joer géifen erëmkommen, soudass mer eise Modell, ouni allze vill anzubeissen, weiderféiere kéinten.

D'Europäesch Unioun ass op enger Kräizung ukomm, wat hir eege Wirtschaftspolitik ugeet. Déi europäesch Budgetpolitik ënnert dem Pacte de stabilité et de croissance an dem Traité budgétaire huet munch europäesch Län-

ner forcéiert, eng Spuerpolitik, jo, eng Austeritéitspolitik ze maachen, déi op d'Käschte vum Wuesstum gaangen ass. Munch Ekonomiste warne scho säit Jore virun de Ravagë vun dëser Konsolidierungspolitik an Zäite vu Kris oder schwächer Croissance.

Och Organisatiounen wéi den FMI an d'OCDE hu viru Kuerzem hire Feeler unerkannt, dass se scho säit 2010 Spuerpolitike recommandéiert hunn an engem depriméierte Kontext. An déi desastréis Konsequenze vun där Politik, mat niddregem Wuesstum an héijem Chômage zimlech iwwerall an Europa, si gutt siichtbar, wann een d'Hierschtprevisiounen vun der Europäescher Kommissioun kuckt. An trotzdeem ass déi Eenzeg, déi hire Feeler nach net ëffentlech agesinn huet, d'Europäesch Unioun!

Dofir ass den Investitiounsplang vun der Kommissioun Juncker fir de Wuesstum unzekuerbelen e positivt Signal, eng Richtungsännerung, och wann de Plang vun 300 Milliarden, deen op engem Eegekapital vu just 20 Milliarde fousst a vill Privatinvestissement voraussetzt a vill Verschëldung, e bëssen no enger méi mirakléiser „multiplication des petits pains“ ausgesäit.

Här President, zu dëser onsécherer Ausriichtung vun der europäescher Politik kënnst eng déif gräifend Diskussioun iwwer eise wirtschaftleche Modell. Trotz der Diversifikationspolitik vun deene leschte Jore sinn eis Statsrecetten ëmmer nach staark ofhängeg vum Finanzsektor. D'Cour des Comptes schätzt den Deel vum Finanzsektor an de Recetten op 25%.

Rezent international an national Entwécklungen weisen d'Fragilitéit vu munche vun dëse Recetten. Ech denken do an éischer Linn un d'Aféiere vum automateschen Échange vun Informatiounen zu Steierdossieren an der Folleg vu FATCA an der ëmmer méi grousser Pressioun vun anere Länner, déi der Meenung sinn, dass Finanzplaze wéi Lëtzebuerg hirem eegene Budget schueden.

D'Affär LuxLeaks dréit natierlech och hiert zu dëser Diskussioun bäi! Dëst ass dowéinst esou eng schwieereg Diskussioun, well se ëm eise Modell dréit, awer och ëm Ethik geet. An et schwéngt eng zimlech grouss Dose vun Hypokrisie an Opportunismus vu verschiddene Säite mat. Wann een zum Beispill gesäit, dass am engleschen House of Commons e Verhéier stattfënnert, während deem Lëtzebuerg onverblimt als „parasite state“ genannt gëtt, op där anerer Säit awer den engleschen „Revenue“, also den englesche Fisk, an ëffentleche Broschüre mat niddregen Tauxe vu Gesellschaftssteier an dem englesche Rulingsmodell werbt, da gesäit een, wann een nach iergenden Zweifel hat, dass hei mat deux poids, deux mesures geschafft gëtt!

Et ass en internationalen an och an enger gewësserer Hinsicht nationale Sport ginn, d'Benotze vu Souveränitätsnischen an der Lëtzebuerger Wirtschaft ze veruerteelen. LuxLeaks huet dës Diskussioun relancéiert, woubäi et sech bei Rulinge jo ironeschweis emol net wierklech ëm eng Steiernisch handelt. Aner Länner maachen dat och, entweder direkt oder iwwer hir territorial Dépendancen.

Loosse mer eis drun erënneren, dass Nischepolitik Traditioun huet zu Lëtzebuerg! An zwar säit dem 19. Jorhonnert. Et kann ee getrousch soen, dass mer ouni Nischen a spezifesch Kompetenzen héchstwahrscheinlech en äermlecht Agrarland bliwwen wären, ouni Industrie a Service. Vum Opbau vun der Stolindustrie iwwert d'Ausnotze vun Avantagen aus dem Zollveräin zu der Bourse, déi duerch d'Cotéierung vun Euro-Dollar-Obligatiounen gewuess ass, oder dem Opbau vun enger wichtiger Fongepiaz, fir nëmmen e puer Beispiller ze nennen, hu mer et ëmmer erëm fäerdegbruecht, mat Ingéniositéit a Fläiss nei Aktivitéiten opzebauen.

Zur gläicher Zäit bréngt esou eng Affär wéi LuxLeaks e schwéiere Reputatiounsschued mat sech. An Zäiten, wou mer amgaange sinn, un eise Nation Branding ze schaffen, ass et kloer, wat e gudden Numm och an internationale Kontext wäert ass! An dowéinst ass et och gutt, dass déi nei Regierung där Praxis eng kloer Base légale gëtt a se virun allem méi zolidd encadréiert.

Här President, wat eis Statsfinanzen ugeet, esou muss mer eis bewosst sinn, dass Nischen ëmmer méi schnell zouginn an de Spillraum fir esou eng Politik ëmmer méi kleng gëtt. Et ass also ëmsou méi wichtig, dass mer un der Qualität vun eise Produkter, mä haaptsächlech vun eisen Dëngschtleeschungen schaffen, déi jo eist éischt Exportgut sinn, dass mer méi kohärent, mat méi Wäitsicht e wirtschaftleche Modell opbauen, dee virun allem op eiser Kreativitéit an op eise Talent baséiert.

Recetten, déi aus Nischesektoren an dem Stat seng Keess fléissen, sollten intelligent agesat ginn, fir nei, dauerhaft a stabil Sektoren opzebauen. Et ass schued, dass déi bal fënnel Mil-

liarden Euro, déi d'TVA um Commerce électronique dem Land säit 2003 abruecht huet, net an e Fonds souverain gesat goufen, deen eleng der Innovatioun, der Recherche an dem Entrepreneuriat dédiéiert gewiescht wär, mä fir permanent Ausgabe vum Stat benotzt goufen. Dës Regierung huet beschloss, elo e Fonds souverain opzesetzen, deen zum Deel mat de Recetten aus der TVA-Commerce électronique gespeist gëtt. An dëst ass eng gutt Saach. Mieux vaut tard que jamais!

Wa mer wëllen, dass de Stat och muer nach de Garant vum Fortschritt a vun der sozialer Kohäsion ass, muss mer et vermeiden, em ze vill op d'Schëlleren ze leeën. Dofir ass et esou wichtig, weider driwwer nozedenken, wéi mer de Stat méi effikass kënnen maachen, wéi mer d'Käschte kënnen weider reduzéieren a wéi mer weider an d'Richtung goe kënnen vun enger sozialer Selektivitéit, déi d'Sozialleeschungen, besonnesch och fir déi Schwächst an eiser Gesellschaft, ofséchert.

Här President, an hire Beméiungen, fir de Stat ze moderniséieren, d'Statsfinanzen ze konsolidéieren an d'Wirtschaft ze diversifiéieren, dierf dës Regierung awer net vergiessen, de soziale Fortschritt no vir ze bréngen, dat heescht, weider géint d'Ongläichheet an d'Aarmut unzekämpfen.

E wichtegen Deel vum Budget betrëfft d'Sozialtransferten. Et ass äusserst sensibel, fir an dës Dépensé schneiden ze goen, well et zum Deel Leit betrëfft, déi substanzuell dorobber ugewise sinn. Fir dass déi Sozialtransferte bei deene Leit do ukommen, wou se wierklech gebraucht sinn, muss ee fir d'Éischt eng Analys vun der Aarmut zu Lëtzebuerg maachen. Fir den Detail verweisen ech hei op mäi schrëffleche Rapport, dee sech vill domat beschäftegt.

An Europa gëtt éischer de relativen Aarmutrisiko gemooss, dee sech par rapport zum Revenu médian um nationalen Niveau definéiert. Den Aarmutrisiko rechent sech iwwert d'Proportion vum Revenu, dee manner ass wéi 60% vum Revenu médian. Dat si virun de Sozialtransferte 45% vun der Bevëlkerung vun eise Land, no de Sozialtransferten awer just nach 16% am Joer 2013. Dat weist, dass d'Sozialtransferten eng wichteg Roll spillen am Kampf géint d'Aarmut.

E besonnesch interessanten Indicateur ass dee vum Risque de pauvreté persistante. Dësen Indicateur moosst déi Leit, déi säit méi wéi zwee Joer vun deene leschten dräi Joer vun der Enquête ënnert dem Aarmutniveau liewen. Zu Lëtzebuerg louch deen Taux am Joer 2012 ëmmerhi bei 7,1%.

Parallèll zu der Aarmut gesäit een, dass och d'Ongläichheet vun de Revenuen zu Lëtzebuerg zimlech staark an d'Luucht geet. Tëscht 1996 an 2013 si souwuel de Coefficient de Gini wéi de Rapport interquintile S80/S20, déi d'Ongläichheet vun de Revenuen moossen, gewuess, mat enger staarker Verschlechterung vun 2012 op 2013. Souguer eng iwwerflächlech Lektür vun deene Statistiken weist verschidde Schlëselfactoren, déi den Aarmutrisiko aggravéieren.

Zu Lëtzebuerg sinn am direkte Kampf géint d'Aarmut an den Ae vun Ärem Rapporteur fir d'Éischt emol d'Gebidder vun der Familljepolitik, der Aarbechtspolitik, dem Logement an der Steierpolitik gefuerdert. Dat heescht net, dass aner Gebidder onwichtig sinn. D'Éducatioun spillt natierlech eng extrem wichteg Roll. An dee beschte Kampf géint de Chômage an den Aarmutrisiko läit an enger effikasser Wirtschaftspolitik, déi et fäerdegbréngt, de Standuert Lëtzebuerg attraktiv ze maachen an nei Aarbechtspazen ze schafen.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, an der Familljepolitik ass et virun allem och wichtig, dass d'Sozialtransferten net no engem traditionnsgebonnenen Ideal ausgeriicht ginn, mä der Liewensrealitéit vun de Famillien entspriechen. Besonnesch schockant ass et an deem Kontext, dass 23% vun de Kanner a Jugendlechen ënner 18 Joer zu Lëtzebuerg am Aarmutrisiko liewen.

En éischt a besonnesch wichtegt Zil vun der Familljepolitik vun dëser Regierung ass et, d'Haushalter ouni Kanner un den Ustrengungen a Käschte vun der Kannererzéiung ze bedeelegen. Par contre wëllt dës Regierung keng natalistesche Familljepolitik méi bedriewen. Well all Kanner gläichbehandelt solle ginn, gëtt d'Kannergeld fir all Kand datselwecht.

D'Zuele weisen och ganz kloer, dass trotz méi Geld fir kannerräich Famillien den Aarmutstaux op eng signifikant Aart a Weis 27,1% an d'Luucht geet bei Famillje mat méi wéi zwee Kanner.

D'Regierung huet dofir d'Prioritéit op Mesurë gesat, déi ganz konkret de kannerräiche Familljen hëllefen, zum Beispill duerch Gratisplazen an de Crèche an aner zousätzlech Ennerstëtzung fir d'Kanner. Nëmme déi konkret

Mesurë kënnen bewirken, dass mer wierklech eng Chancëgläichheet fir all Kand zu Lëtzebuerg gewährleeschten, egal wat säi sozialen a linguistesche Background ass.

Eng drëtt grouss Prioritéit ass et, de Familljen ze erméiglechen, Berufliewen a Familljeliewe besser ze conciliéieren. Dofir gëtt a Crèche an aner Strukturen investéiert, fir dass insbesonnesch déi sozial schwach Stéit, wou Papp a Mamm schaffe müssen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, eng Plaz fannen.

Well och d'Ennerbriechung vun enger Carrière duerch Divorce oder eben duerch de fräiwëlege Choix, doheem bei sengem Kand ze bleiwen, en negativen Impakt op d'finanziell Ofsécherung huet, souwuel wat d'Chancen ugeet, duerno erëm eng Aarbecht ze fannen, oder wat d'Pensiounen ugeet, an erëm eng Kéier insbesonnesch bei Leit mat enger schwächerer Formation, geet d'Regierung op de Wee vun enger Politik, déi d'Leit net méi encouragéiert, doheem ze bleiwen an hir Carrière ze ennerbriechen.

An där Optik ass et nëmme konsequent, d'Allocation d'éducation an d'Allocation de maternité ze sträichen. Am Géigenzuch gëtt de Congé parental reforméiert, fir e méi flexibel a méi attraktiv ze maachen, och fir déi Leit mat méi héije Revenuen. Dofir gëtt och un en Aféiere vum Temps partiel geduecht.

Mir wëssen och, dass den Divorce oder eng Trennung oft de Facteur sinn, deen e groussen Aarmutrisiko mat sech bréngt, besonnesch fir Fraen. Aus evidente Grënn si Leit, déi op eemol eng nei Wunneng fanne müssen, fir hiert Kand oder Kanner opkomme müssen an zugläich nach schaffe goe müssen, besonnesch ënner Drock. An et sinn och déi Leit, d'Eenzelerzéier, déi bei eis am Land ënnert der gréisster Gefor vun Aarmut leiden. Dofir wär et wichtig, wann d'Regierung géif iwwer speziell Hëllef fir monoparental Familljen nodenken, déi an enger prekärer Situatioun sinn.

Et ass décidéiert ginn, d'Solidaritéit vun der ganzer Bevëlkerung mat deene jonke Famillje spillen ze loossen duerch eng Kontributioun vun 0,5%, den Impôt d'équilibre budgétaire temporaire. „Impôt de solidarité avec les familles“ wär méi eng schéin an och méi eng richtig Bezeechnung gewiescht, well dës Steuer gëtt a Crècheplazen an Hëllefleeschungen fir jonk Famillje mat Kanner investéiert. Et ass gutt a richtig am Sënn vun der sozialer Selektivitéit, dass e ganze Mindestloun bei der Perception vun dëser Steuer immuniséiert gouf.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, am Kampf géint d'Aarmut huet d'Bekämpfung vum Chômage e besonnesche Stellenwert. Well d'Revenuen aus der Aarbecht sech iwwert déi leschte Jore manner dynamesch entwéckelt hu wéi déi vum Kapital, geet d'Ongläichheet an d'Luucht. Et ass awer esou, dass déi Leit an deenen ënneschte Revenusklassen meeschtens kee Kapital hunn, fir eng Aarbecht, déi ewechfällt, opzefänken. Dofir ass de Chômage esou en dramateschen Aschnitt am Liewe vun engem Mënsch, net nëmme psychologesch, mä och existenziell. Meeschtens bedeit Chômage bei eis Aarmutrisiko.

An dowéinst ass et wichteg, och an der Bekämpfung vum Chômage nei Weeër ze goen. Egal wéi een e moosst, geet de Chômage säit Jore bei eis an d'Luucht. An zéng Joer ass de Chômagetax vun 3,7% am Oktober 2004 op 7,1% am Oktober 2014 geklommen. Dir wësst, dass mer eng speziell Situatioun hunn op eise Aarbechtsmaart. Eist Land huet ni opgehale, nei Aarbechtspazen ze schafen - eng Croissance vun 2% an der Moyenne säit 2009, och trotz der Kris.

Trotzdem geet de Chômage an d'Luucht. Dëst huet sécher mat der Konkurrenz duerch Frontalieren ze dinn, mä et huet och eppes ze di mat enger Offer vun Aarbechtspazen, déi dem Profil an der Formation vun de lokale Chômeuren oft net entsprécht. Déi Haaptbeträffe vum Chômage si Jonker, Ausländer a Leit mat weenig oder kenger Formation.

D'Statistiken weisen och, dass Leit ab 45 Joer méi grouss Schwieeregkeeten hunn, erëm eng Aarbecht ze fannen, virun allem erëm eng Kéier déi mat engem niddregen Educationsniveau.

Här President, d'Regierung geet och an der Aarbechtspolitik nei Weeër. Et gëtt elo op eng besser Formation vun de Chômeuren gesat, fir se fit ze maache fir den Aarbechtsmaart, an et gëtt sech net méi wéi an der Vergaangenheet einfach mat enger finanzieller Subventionéierung begnügt. Fir de Chômage ze bekämpfen, gëtt och d'Reform vun der ADEM weidergeféiert. D'ADEM gëtt anescht opgestallt. Si soll méi Moyene kréien a sech zu engem performante Service entwéckelen, deen déi Leit, déi no Aarbecht sichen, méi cibléiert mat den Offere vun den Employeuren zesummebréngt.

D'Garantie Jeunesse ass eng aner Reform, déi schonn no kuerzer Zäit hir Friichten dréit. Engem éischte Bilan no gesäit een de 14. No-





vember dëst Joer, just véier Méint, nodeem de Programm ugelaft ass, dass vun deene 420 Jonken, déi matgemaach hunn, der 65% eng Offre de qualité kruten, dat heescht, an de meeschte Fäll eng Aarbecht oder e Stage.

D'Reform vum Gesetz iwwert de Reclassement ass eng Mesure, déi drop erausziilt, Leit mat engem Handicap oder mat engem Gesondheetsproblem an d'Aarbecht ze kréien. An dësem Kader kann d'Zesummenaarbecht mat de Betriber aus dem Secteur vun der Économie sociale et solidaire e reellt Potenzial duerstellen.

Här President, d'Aide au réemploi, wësse mer elo, huet keng gutt Resultater ginn. Oft war dëst e Mëttel fir d'Employeuren, fir bëleg u qualifizéiert Aarbechtskräften ze kommen, déi da während véier Joer mat enger héijer staatlecher Subventioun bei engem Patron geschafft hunn an duerno meeschtens entlooss goufen. Dofir ass et gutt, dass d'Aide au réemploi reforméiert gëtt, soudass se net méi wéi 50% dierf si vun deem, wat den neie Patron bezilt, mat engem Plaffong vun 3,5-mol de Mindestloun an net manner wéi 90% vum viregte Salaire.

Och d'Prétraite-solidarité huet a Realitéit wéineg bis guer keng nei Aarbechtsplaze geschaffen. Si gëtt ofgeschafft a parallel dozou sollen d'Prétraite progressive an d'Prétraite postée reforméiert ginn.

Ausserdeem huet d'Regierung an der Verhandlung mat de Gewerkschaften akzeptéiert, eng Retraite partielle mat enger Aarbecht à temps partiel ze erlaben.

Här President, et gëtt och bei eis am Land de beunroegende Phenomeen vun den „working poor“, dat heescht déi Leit, déi der Aarmut ausgesat sinn, obwuel se eng Aarbecht hunn. Zu Lëtzebuerg ass deen Taux vun den „working poor“ mat 11,2% héich am Verglach mat der Moyenne vun 8,7% an der Eurozon. Eng Explikatioun heifir läit sécherlech bei der Deierecht vum Liewen zu Lëtzebuerg an an der Haaptsaach vum Wunnen. Mä et ass dofir ëmsou méi wichteg, dass mer de Mindestloun, dee jo just licht iwwert der Aarmutsgrenz läit, gréisstendeels vu Chargen a vu Steiere fräihalen.

Här President, zu den absolute Grondbedierfnisser vum Mënsch gehéiert de Logement. Grad an dësem Beräich gouf et an de leschte Joren eng staark Präisentwicklung, wat et fir manner gutt situéiert Leit ëmmer méi schwieereg mécht, eng adequat Wunneng ze fannen. Am Duerchschnitt gekuckt, steet Lëtzebuerg net esou schlecht do: Héije Wunnengspräisser stinn héich duerchschnittlech Revenue géint-iwwer, iwwer zwee Drëttel vun den Haushalter si Propriétaire vun hirer Wunneng an eng duerchschnittlech Wunneng ass mat knapp 130 m<sup>2</sup> och relativ grouss.

Wann een d'Statistiken awer méi am Detail kuckt, da gesäit een, dass et grad am Logement staark Inegalitéite gëtt. Och wa 70,8% vun den Awunner zu Lëtzebuerg Propriétaire sinn, esou liewen awer 43% an engem Haushalt, deen e Prêt hypothécaire muss zrëckbezuelen. Am Verglach sinn nëmmen 42,8% vun de Leit, déi engem Aarmutsrisiko ausgesat sinn, Propriétaire vun hirem Logement an dräi Véierel vun hinne bezuelen e Prêt zrëck.

Déi Haushalter, déi am mannste gutt dru sinn, si meeschtens Locataire. Si wunnen op méi en-kem Raum, ënner manner gudd Konditiounen, an d'Ausgabe fir de Logement maachen trotzdem e ganz groussen Deel vun hirem Revenu aus. Bei dëse Stéit ass et net seelen, dass si iwwer 40% vun hirem Revenu fir de Logement ausginn, wat allgemeng als Taux de surcharge ugesi gëtt. Si kënnen deemno net och nach Suen uspueren a wäerten trotz staatlechen Hëllef wahrscheinlech ëmmer Locataire bliwen.

De Stat huet an deene vergaangene Jore vill derfir gemaach, fir den Accès zur Propriétéit ze erliichteren. Dat ass grondsätzlech net falsch, well een, deen emol sai Prêt ofbezuelt huet a Propriétaire vu senger Wunneng ass, mat relativ wéineg Sue ka liewen a manner riskéiert, an eng prekär Situatioun ze kommen. Wa mer gesinn, dass virun allem Leit iwwer 65 scholdefräi Hausbesëtzer sinn, dann ass dat och eng Form vu Garantie géint d'Altersarmut.

Allerdéngs profitéiert virun allem de Mëttelstand vun deenen Hëlfe, an net déi Leit, déi am stärkste benodeelegt sinn. Och riskéieren eenzel Hëlfe, d'Wunnengspräisser zousätzlech an d'Luucht ze driewen, soudass um Enn net de Keefer, mä de Verkeefer an meeschten dovun profitéiert. Dofir wëllt dës Regierung eenzel Mesuren nei iwwerdenken a virun allem op d'Offer awierken, andeem méi schnell neie Wunnraum soll geschaf ginn.

Och wann aus prozedurale Grënn déi véier Plans directeurs sectoriels hu missen zrëckgezu ginn, hält d'Regierung um Zil fest, fir nei Arealer ze identifizéieren, wou schnell ka Wunnraum geschaf ginn, an dat am Aklang mat landesplaneresche Prinzipien.

Wann ee sech de Besoin u Wunnraum virun Aen hält, esou wéi en am Plan directeur sectoriel «Logement» berechent gouf, ass et kloer, dass an deene kommende Joren en enormen Effort an deem Beräich muss gemaach ginn. Engersäits betrëfft dat d'Gemengen, déi jo net nëmmen hire PAG mussen upassen, mä hir gesamt Infrastruktur mussen op dee Wuesstum ausrichten. Mä et betrëfft natierlech och de Stat, deen entspreechend finanziell Hëllef muss ubidden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Regierung huet de Logement zu enger vu senger Prioritéite gemaach, an dofir wäerten d'Ausgaben an deem Beräich trotz Konsolidierungseffort am Budget an d'Luucht goen. Am Budget ass fir 2015 eng Enveloppe vun 150,7 Milliounen Euro virgesinn. Dat entsprécht par rapport zum Budget, dee mer fir 2014 gestëmmt haten, enger Augmentatioun vun 10,9%.

Am Pluriannuel ass virgesinn, dass dës Montant an de Joren 2016 bis 2018 weider steigt. Eleng fir de Volet „Construction d'ensembles“ stinn an deenen nächste Joren am Schnëtt 75 Milliounen Euro zur Verfügung. Dat si pro Joer 20 Milliounen méi wéi 2014.

Eng Iwwerleeung an deem Kontext wär och, ob de Fonds de compensation, deen d'Reserve vun der Pensiounskeess gëriert, net en Deel vu senger Moyenen an den nationale Wunnengsbau sollt investéieren. Ech mengen, dat ass eng Iwwerleeung wäert.

Trotzdem wäerten all dës Efforten net de Problem vun deene sozial schwächsten Haushalter léisen, déi och da keng Wunneng kafe kënnen, wann et geléngt, d'Präisser um Marché ze stabiliséieren. Wa mir d'Aarmut zu Lëtzebuerg wëllen effikass bekämpfen, brauche mir substanzuell méi Sozialwunnengen, besonnesch am Beräich vum Locatif.

Tatsächlech si mer zu Lëtzebuerg op deem Punkt ganz schwach, och am internationale Verglach gekuckt. Laut enger Analys, déi d'Caritas 2013 an hirem Sozialalmanach gemaach hat, sinn zu Lëtzebuerg nëmmen 2% vun alle Logemente sozial Mietwunnengen. An Holland sinn et 32%, an Eisträich 23%, a Frankräich 17% an an der Belsch ëmmerhin nach 7%. Mir hunn do also e ganz seriöen Nohuelbedarf.

Well et net wäert méiglech sinn, dee Mangel kuerzfristeg aus der Welt ze schafen, huet d'Regierung virgesinn, deene sozial Schwächsten e Subsid fir de Loyer ze ginn. En entspreechende Projet de loi, deen de Moment nach amendéiert gëtt, ass um Instanzewee a soll schnell déi néideg legal Basis schafen.

De Logement wäert sécher och en Thema am Kader vun der Steuerreform ginn. Mir wäerte méi genau missen analyséieren, wem déi bestehend Fiskalitätsregelen notzen a wéi wäit dat am Aklang ass mat de politeschen Ziler vun der Regierung, och am Beräich vum Logement.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, wann een iwwer sozial Gerechtegkeet schwätzt, ass een och iergendwann bei der Steiergerechtegkeet ukomm. Eent vun den Haaptziler vun der Regierung an der Steierpolitik ass et, de Mëttelstandsbockel ze glätten. Et handelt sech hei ëm déi héich Steuerlaascht, déi op de Revenue vun de Mëttelklasse läit, déi jo an der Haaptsaach aus Aarbechtsrevenue bestinn. Well de Steuerbarème schnell an d'Luucht geet a scho bei niddregem Akommes asetzt, sinn d'Mëttelschichte méi haart getraff vun der Steuer wéi déi méi räich Stéit.

Bei méi räiche Stéit ass et esou, dass nach aner Revenuen aus Immobilien an Erspuernerisierderbäikommen, déi bei eis manner staark besteiert ginn. Doduerch kritt een eng degressiv Steuerlaascht, wat ee méi héich an de Revenuen eropgeet. Dëst Ongläichgewicht muss am Kader vun der Steuerreform, déi fir 2017 virgesinn ass, op de Leescht geholl ginn.

Mir mussen d'Progressivitéit vun de Steiertauxen nei definéieren, fir dass déi kleng an niddreg Akommes manner haart a manner schnell besteiert ginn. Mir sollten och an enger Iddi vu Steiergerechtegkeet an Neutralitéit géint iwwer dem gewielte Familljmodell iwwer eng Individualiséierung vun der Besteuerung nodenken. Och dat steet an eisem Regierungsprogramm. Dobäi muss och iwwert de Splitting geschwat ginn, dee jo bestuet a pacéiert Koppele bevirdelegt, mä op d'Käschte vu Jonggesellen an haaptsächlech Eenzelerzéier geet.

Et ass e Fakt, dass zu Lëtzebuerg d'Steier op d'Revenue vun Eenzelpersonen a Stéit bal 60%, an dovun d'Steier op Salairé 44% vun de Gesamtercetté vum Stat ausmachen. D'Steier op Salairé stellt am Budget voté fir 2016 (veuillez lire: fir 2014) ongeféier 3 Milliarden duer, géint 1,6 Milliarde fir d'Kierperschaftssteuer op d'Gesellschaften. Tëschent 2001 an 2014 huet d'Steier op Salairé sech am Volume verduebelt an déi op d'Gewënner vu Kierperschaften ass am Volume stabel bliwwen.

Et gëtt natierlech Erklärungen, firwat dës Schéier esou ausereegaangen ass: D'Masse salariale ass an d'Luucht gaangen, d'Netupassung vum Steuerbarème un den Index huet och gespillt a bei de Betriber sinn d'Méiglechkeeten, hir Steuerlaascht ze optimiséieren, einfach besser an eiser Legislatioun.

Et gëtt gutt Grënn, fir d'Steierlaascht vu Betriber net an d'Luucht ze driewen. Mir haten d'lescht Woch an dëser Chamber eng Kompetitivitéitsdebat a mir sinn eis all bewosst, dass d'Steierkonkurrenz nach ëmmer eng Realitéit ass an eis Marge de manœuvre an deem Beräich net immens grouss ass.

Et muss trotzdem erlaabt sinn ze froen, ob et gerecht ass, dass d'Akommen aus der Aarbecht ëmmer méi staark besteiert ginn, wann aner Revenuen a Gidder där Tendenz entkommen.

Här President, et gëtt verschidde Pisten an d'Richtung vun engem méi gerechte Steiersystem. Eng dovun, an déi steet och am Regierungsprogramm, betrëfft d'Grundsteuer. Mir wëssen alleguer, dass dës Steuer lächerlech niddreg ass an dass se muss reforméiert ginn, fir dass se eng richteg Quell vun Akommes fir d'Gemenge gëtt.

Wann een iwwert d'Steiergerechtegkeet schwätzt a wann ee wëllt eng seriö Steuerreform maachen, déi deen Numm och verdéngt, muss een och en Inventaire vum Patrimoine vun de Lëtzebuerger Stéit maachen. Den Direkter vum Statec huet viru Kuerzem an engem Radiointerview drop verwisen, dass et dës Zuele gëtt, mä dass se nach ni zesummegefouert goufen.

Et geet net drëm, sozialen Näid ze schüren, an et geet och net dorëm, virzegräifen, wat aus deene Gesprécher a Consultatiounen zu enger Steuerreform, an déi jo och d'Sozialpartner sollen implizéiert ginn, erauskënnt. Et geet just drëm, eng komplett Diskussioun ze féieren.

Här President, en aneren Aspekt vun der Steiergerechtegkeet ass d'Steierfraude an d'Andreiwe vun de Steieren. Hei ass dat zousätzlech Personal, wat souwuel beim Enregistrement wéi och bei den direkte Steieren am Kader vun den 258 Mesuré soll agestallt ginn, sécherlech e positive Schrëtt. Mä et ass net alles. Den Enregistrement zum Beispill ass ëmmer méi konfrontéiert mat Fraude à la TVA an huet Schwieeregkeeten, géint déi Steierkriminalitéit unzekommen.

Et ass hei e komplexe Phenomeen, bei deem et sech weist, dass mer net gutt opgestallt sinn, fir dergéint unzekommen: D'Zesummenaarbecht mam Parquet ass schwieereg an och mat der Police judiciaire. Et gëtt och munch administrativ a juristesche Hürden, déi mat sech bréngen, dass d'Fraudeuren ëmmer e Schrack viraus sinn. Dat geet natierlech zu Laaschte vun all deene Steierzueler, déi hir Steieren éierlech a pünktlech bezuelen.

Hei misste verschidde Gesetzesännerunge gemaach ginn, fir eng horizontal Zesummenaarbecht tëschent Verwaltungen ze erméiglechen. D'Steiergeheimnis misst vläicht opgelockert ginn, gradesou wéi den Dateschutz, an et kéint een och iwwer eng Depenaliséierung vum Steierbedruch nodenken, fir de Steierverwaltungen en eegene Pouvoir de sanction ze ginn an hinne ze erlaben, dat méi effikass unzuegoen.

Här President, ech géif och gären all deenen Institutiounen an Organismen hei zum Schluss Merci soen, déi en Avis zu der Budgetsprozedur, zu de Budgetprojeten ofginn hunn. E grouse Merci fir hir gutt Aarbecht! Dës deels ganz fouilléiert Avis si fir de Rapporteur ëmmer eng wäertvoll Quell vun Informatiounen an eng wichteg Inspiratioun fir seng Aarbecht.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, léif Regierungsmemberen, d'Regierung muss weider de Kompromëss sichen tëschent enger dauerhafter a verantwortlecher Steuer-, Budgets- a Wirtschaftspolitik op där enger Hand an enger Politik vun der sozialer Gerechtegkeet, déi déi sozial Schwaach schützt an eng reell sozial Mobilitéit erlaabt, op där anerer. Fir dat ze erreechen, ass et wichteg, dass mer eis net ze vill verscholden. Bei deem, wat mer der nächster Generatioun hannerloossen, wäerte Scholde sinn, finanzieller an ekologescher.

Mä et mussen haaptsächlech och Aktiven zu Buch stoen: eng gutt Éducatioun, e funktionéierende Sozialsystem a Gesondheitswiesen, mä och e staarkt kulturellt, wëssenschaftlecht an Émweltkapital.

Eng verantwortlech Approche verlaangt eng Verminderung vum Passiv, fir zukünfte Generatiounen eng anstänneg lerschaft an en dauerhafte Wuelstand ze garantéieren. Eng verantwortlech Budgetpolitik verbitt a kenger Weis d'Duerchsetze vun enger progressistescher Agenda, ganz am Géigendeel! Eng verantwortlech Budgets- a Steierpolitik ass déi wichtegst Viraussetzung fir eng gutt Sozialpolitik, fir haut grad ewéi fir muer, an de beschte

Garant, fir deenen nächste Generatiounen eng fräi a fair Gesellschaft ze hannerloossen.

Wa se iwwermuer dës Budget stëmmt, hält d'Chamber Verantwortung fir d'Zukunft vun eisem Land.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Budgetsrapporteur fir sai Rapport. Ech ginn him Akt vun dem Rapport an ech géif dann zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi 6722 iwwert dee sougenannten „Zukunftspak“. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, déi honorabel Viviane Loschetter.

Madame Loschetter.

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget sur le projet de loi n°6722**

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng), rapportrice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 6722, och Zukunftspak 2015 genannt, ass vun der Regierung de 15. Oktober déposéiert ginn, zesumme mam Budget a mam Budget pluriannuel. Ech sinn de 16. Oktober als Rapportrice genannt ginn.

Rekordverdächtig duerch säin Titel, dee ganzer zwou DIN-A4-Säiten anhëlt, beschränkt sech dës Projet de loi op d'Ëmsetzung fir 2015 vu 24 vun den aktuellen 258 Mesuren, déi am Zukunftspak opgeléicht sinn.

Et ass sécherlech net fir d'Éischt, dass mer an der Chamber e Projet de loi unhuelen, deen a senger Ëmsetzung villfälteg ass. Ech erënneren dobäi notament um de Projet de loi 5611, deen och eng ganz Rei vu Mesuren agefouert voire Adaptatiounen virgeholl hat.

Fir awer d'Envergure vun dësem Projet de loi kënnen anzeschätzen, wëll ech op de globalen Zukunftspak vun der Regierung agoen.

Den Zukunftspak ass d'Resultat vun Aarbechten, déi tëscht Januar a Juli 2014 an all Ministère ënnerholt gi sinn, fir éischstens en État des lieux ze maachen oder zumindest versichen ze maachen - et war net iwwerall esou einfach -, zweetens, fir Propositionen ze maachen, wou a wéi ka gespuert ginn, an drëtens, fir Propositionen ze maachen, wéi de Stat méi effizient, jo, méi einfach kéint schaffen. D'Regierung huet du vu Juli bis Mëtt Oktober all dës Propositionen analyséiert an aus de Propositionen en Zukunftspak ausgeschafft mat aktuellen 258 Mesuren.

Et ass, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, schonns en Novum, wat hei geleescht ginn ass: Tëscht engem zweeten an engem drëtten Budget, déi am selwechte Joer déposéiert gi sinn, déposéiert d'Regierung e pluriannuelle Pak mat enger Rei vu Mesuren. Et ass fir d'Éischte kéier iwwerhaupt, dass eng Regierung esou e komplette pluriannuellen an dach awer ambitieöse Programm am Ufank vun hirer Legislaturperiod virleef.

E Pak, deen d'Ambitioun huet, fir bis 2018 d'Finanze vum Zentralstat méi an den Équiliber ze kréien, d'Schold, déi klëmmt, am Grëff ze behalen a sech manner ofhängeg ze maache vun de Reserven notament vun der Sécurité sociale a sech domadder och e Strapp manner an d'eegen Täsche ze léien.

Nach ni virun huet eng Regierung zesummen a geschlossen de politesche Courage an Taten ëmgesat, fir en Zukunftspak ze presentéieren an offenzeleeën. Domadder weist dës Regierung, wat se virhuet an deenen nächste fënnéif Joer, oder wat si sech virhuele muss, fir den nächste Generatiounen oder der nächster Generatioun d'Méiglechkeet ze ginn, éierbar an dësem Land ze liewen an net an onse Scholde, déi mir haut maachen, muer ze erstécken.

Jo, et ass e Spuerpak fir ons haut, a jo, ganz kloer, et ass en Zukunftspak fir déi nächst Generatioun! Déi 258 Mesuré sinn en Instrument fir déi nächst Joren. An als Rapportrice erlaben ech mer ze soen, dass ech selwer iwwerzeegt sinn, dass dësen Zukunftspak wuel säin Objektiv wäert an och muss bäibehalen, mä dass de Wee bis dohinner nach kann a wahrscheinlech och wäert variéieren.

De Wee bis bei dat deklaréiert Zil ka variéieren, wann et zesummen diskutéiert gëtt, vläicht och zesumme verhandelt gëtt, am beschte Fall zesummen opgesat gëtt. Datt mer mussen dës Wee ugoen, deen eigentlech schonns hatt misse viru Joren ugetréppelt ginn - dat sot net nëmmen de Conseil d'État, mä notament och d'Cour des Comptes -, steet haut net méi zur Diskussioun. D'Zielen aus dem Budget sinn effektiv de beschte Beweis dofir!





Ech kommen och elo net méi zrëck op déi Zuele, weder déi vun haut an déi vu muer, op déi och de Rapporteur schonns agaangen ass, nach op déi Zuele vu gëschter a vu virgëschter, déi eng reell verpasste Chance duerstellen.

Den Zukunftspak wäert ons alleguerten déi nächst Jore begleeden. An dofir ass et extrem wichteg, éierlech a prezis Informatiounen dozou ze garantéieren, Informatiounen iwwert d'Ziler, déi mer wëllen an och mussen erreechen, Informatiounen awer och iwwert d'Alternativlosegkeet vun dësem Zil, respektiv wat geschitt, wa mer esou weiderfueren an dësem Land wéi bis elo.

Den Zukunftspak ass haut mat sengem éischte Projet de loi a mat sengen éischte 24 Mesuren um Ufank vu senger Gestaltung. An ech muss och preziséieren, datt net all Mesuren aus dem Zukunftspak mussen duerch de legislative Wee goen. Verschidde Mesurë ginn iwwert de Wee vu Règlements grand-ducaux, anerer iwwer Arrêtés ministériels ëmgesat.

Fir mech als Rapportrice ass et wichteg, och ze ënnersträichen, datt et schued wier, wa mer déi nächst Jore géifen déi verschidden Zukunftspäck ëmmer erëm quasi mam Budget verschmelzen. Den Zukunftspak soll eng Gestaltungsolitik sinn oder ginn, an de Budget ass d'Emsetzung dovunner.

Dofir proposéiere mir der Regierung, fir déi nächst Joren d'Diskussioun ronderëm d'Gestaltung vum Zukunftspak an dat éischt Semester vum Joer ze verleeën, zesumme mat der Finaliséierung vun onsem Semestre européen, dee mer och mussen op Brëssel schécken, a ronderëm d'Lag vun der Natioun.

Esou wéi d'Regierung mat de Sozialpartner sech engagéiert huet, notamment am Kader vum Conseil Economique et Social, sech am Fréijoer ze treffen, esou wieren d'Diskussiounen an d'Analyse ronderëm d'Emsetzung vun den nächste Mesuren aus dem Zukunftspak zu dësem Zäitpunkt sécherlech sënnavoll.

De Statsrot huet säin éischten Avis den 13. November erausginn an en Avis complémentaire den 9. Dezember. Am éischten Avis huet de Statsrot eng Rei vun Oppositions formelles ervirbruecht, déi awer éischter technescher Natur woren an déi zu komplexe parlamentareschen Amendementer gefouert hunn. Mir hunn den 1. Dezember an enger längerer Finanzkommissionssëtzung den Avis vum Statsrot analyséiert. Den 2. Dezember hu mer majoritairem eng Rei vun Amendementer ugeholl.

Ech wëll op eng Rei Kriticke vum Statsrot agoen, déi och an der zoustänneger Finanzkommission diskutéiert gi sinn. Notamment de Wëlle vun der Regierung, e Fonds intergénérationnel unzeschaffen, gespeist mat jährelche 50 Milliounen Euro, fir an 20 Joer op eng Milliard Euro ze kommen. D'Kritik wor, datt mer enger-säits en neie Fong uschaffen, dee mer anerersäits dach awer, ënnert dem Stréch, mat Schold speisen, zumindest an den éischte Joren.

Dës Kritik ass net falsch. Trotzdeem ënnerstëtzt d'Majoritéit aus der Finanzkommission dës Mesure. Mir speisen de Fong ausschliisslech mat net récurrente Recetten. An dat ass e wichtegt Signal fir d'Opstellung vun engem Budget. Recetten, déi net récurrent Recetten, vun deene mer pertinemment wëssen, iwwregens säit Joren, datt se kënnen einfach ewechfalen oder staark variéieren an der Zäit oder sech reduzéieren, Recetten, déi net nohalteg sinn, sollen an dierfen net, respektiv dierfen net méi fest matagerechent ginn an engem Budget.

A genau dat, genau dat ass notamment geschitt mat der TVA op den elektronische Commerce! Esou eng onvorsichteg Haltung kënnen mer ons an Zukunft net méi erlaben! D'Akzisen op Tubak a Bensin souwuel wéi d'Recettë vum E-Commerce sollen an de Fong gebucht ginn, grad ewéi aner exceptionnell Recetten. Onserer Schold an onserem Defizit solle mer an Zukunft mat sécheren a previsibele Recetten entgéintwierken.

D'Finanzkommission ënnerstëtzt och gären d'Iddi vun der Regierung, fir an enger zweeter Phas OPCen, Organismes de placement collectif, anzeféieren a wëllt bei dëser Ausaarbechtung enk matagebonne ginn.

Laang - et pour cause - ass an der zoustänneger Kommission iwwert d'Praxis vun den Décisions anticipées, de sougenannten „Tax-Rulings“, diskutéiert ginn. Schonns viru LuxLeaks 1, nämlech beim Dépôt vun dësem Projet de loi de 15. Oktober, war et dëser Regierung an der Majoritéit kloer, datt déi Eegendynamik, déi dës Praxis kritt huet, huet misse kanaliséiert ginn an datt mer misste mat där heiteger Praxis vun Tax Ruling opräumen.

Mat dësem Projet de loi kréien d'Décisions anticipées fir d'Éischt zu Lëtzebuerg e legislative Kader! E Projet de règlement grand-ducal dozou

ass ausgeschafft ginn. D'Finanzkommission wor aktiv un dëser Ausschaffung mat bedeelegt. De Statsrot wäert dës Freideg säin Avis zum déposierte Règlement grand-ducal ginn.

Mir modifizéieren an dësem Projet de loi den Artikel 56 vum Steiergesetz a preziséieren d'Prozedur vun de Prix de transfert. Sous peine d'opposition formelle ass op e Règlement grand-ducal verzicht ginn. An dësem Projet de loi ginn och d'Taxe fir d'Frais administratifs an dësem Kontext festgehalen. D'Recettë ginn op 3,7 Milliounen d'Joer geschat.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et wier falsch an et wier och net komplett, den Zukunftspak en général an dëse Projet de loi mat sengen éischte Mesurë just aus der Siicht vun der Sanéierung vun onse Finanzen ze definéieren. Den Zukunftspak huet, grad wéi de Budget och, éischt politesch Akzenter gesat, politesch Prioritéiten definéiert, esou wéi se notamment och am Regierungsprogramm opgeléicht sinn. Dës Regierung innovéiert an der Gesellschaftspolitik respektiv si adaptéiert d'Organisation vun onserer Gesellschaft un dëst Jortausend.

An dozou gehéiert och d'Äntwert op verschidde Froen, Froe wéi zum Beispill: A wéi enger Gesellschaftsorganisation wëll ech liewen? Wéi definéiere mer Chancéglichheet? Wat muss de Stat ënnerstëtzen? Wou muss déi ëffentlech Hand, spréch mir alleguerten, mat onse Steiersue méi investéieren a wou kann déi ëffentlech Hand sech erlaben, manner Suen auszeginn? Wéi gi mer de Kanner vun haut, alle Kanner, déi bescht Chancë fir muer mat op de Wee?

D'Äntwerten op dës Froe féieren irrémédiablement zu engem Choix. E politesche Choix, keen ideologesche Choix! E schwieregen, awer couragése politesche Choix. Schwiereg, well dës Regierung eng Ëmverdeelung vun de Steiersue virgesäit. Eng Ëmverdeelung, fir do manner anzesetzen, wou et och ouni finanziell Ënnerstëtzung méiglech ass, a méi anzesetzen, wou Nout u finanzieller Ënnerstëtzung ass.

Am Kloertext heescht dat, manner allgemeng jiddwerengem ginn, mä dofir an Zukunft méi deene Bierger a Biergerinnen, Kanner, Elteren oder Mamm ginn, wou et e reelle Besoin gëtt. A jiddwerengem méi ginn als Prestations en nature. Dat nennt een, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e Choix de société.

D'Kritiker oder Skeptiker vun der Ofschaffung vun der Allocation de maternité oder der Allocation d'éducation tendéieren dozou, der Regierung Ideologie virzwerfen. Erlaabt mer awer, hei ze bemierken, datt et bis elo guer kee Choix de société ginn ass! Bis elo ass net gekuckt ginn, wie Sue brauch, zum Beispill fir doheim ze bleiwe bei sengem Kand, a wie se net brauch. Et si vill Steiersue verdeelt ginn, ouni e soziale Kritär ze definéieren.

Dat wor net sozial gerecht, mä méiglech, well dëst Land vill Suen hat! Suen, déi mer all ausginn hunn. Haut ass dës Verdeelung nach ëmmer net sozial gerecht, mä haut kënnen mir ons dëst net méi erlaben, mat geleinte Suen dës Form vu Generalverdeelung weiderzeféieren.

Ab Juni 2015 sinn d'Allocation d'éducation an d'Allocation de maternité abrogéiert. Dat gëtt fir d'Joer 2015 eng Mannerausgab vun 12,5 Milliounen fir d'Allocation d'éducation a vu 40 Milliounen fir dat Joer duerno. Bei der Allocation de maternité sinn et fir d'Joer 2015 1,5 Milliounen manner Ausgaben a fir 2016 sinn et der 4 Milliounen.

D'Finanzkommission dréit dës Mesurë mat an hirer Majoritéit. Si wëllt awer d'Regierung drop opmierksam maachen, datt et eng Rei Elteren oder Mamm ginn, déi, obwuel si weider geschafft hunn, awer op dës finanziell Ënnerstëtzung konnten zrëckgräifen, well si manner wéi e virgeschriwwene Montant verdéngt hunn. Fir dës Familljen, ob monoparental oder net, ass dës finanziell Hëllef oft eng Ënnerstëtzung gewiescht, déi elo muss gegebenensfalls aneschtens a geziilt opgefaange ginn. An dofir encouragéiert d'Finanzkommission d'Regierung, d'Reformen, notamment vum RMG, vum Complément RMG a vum Congé parental esou séier wéi méiglech an Ugrëff ze huelen.

An enger nächster Recommandatioun ënnerstëtzt d'Finanzkommission ausdrécklech de Wëlle vun der Regierung, déi Moyenen auszuschaffen, fir Familljeliewen a Berufsliewe mateneen ze vereenegem.

Sécherlech ginn et eng Unzuel vu gesellschaftspoliteschen a genderpoliteschen Argumenter, fir der Fëderung vun esou enger Politik zouestëmme. Ech géif mech awer gären haut op déi finanziell Aspekter beschränken. An et ginn der a mengen Aen zwee, déi elementar sinn.

Éischtens, eng Gesellschaft, déi hir jonk Leit encouragéiert, en Diplom ze kréien, voire Studien ze maachen, investéiert esou an hir Zukunft, an hir nächst Generatioun. Mir investéieren enorm Zommen an ons Schoulen an an ons Kannerbetreuer, haut schonns. Mir investéieren an d'Matière grise. Mir wëssen och, datt et grad déi jonk Frae sinn, déi besser, souguer vill besser

notamment op der Uni ofschneiden. Et ass dofir ëmsou méi wichteg, duerno derfir ze suergen, datt mer mat deem Invest, wann ech mech esou dierf ausdrécken, en „return on invest“ garantéiere kënnen. An et wier schued, Fraen net ze encouragéieren, an hirem Beruff ze bleiwen.

Dëst ass awer nëmme méiglech, wa mer d'Kannerbetreuer besser organiséieren, den Temps partiel fir Männer a Frae promouvéieren an de Congé parental besser un d'Besoinen adaptéieren, un déi finanziell Besoinen an un d'Besoinen vum Time management vun den Elteren.

Zweetens, eng Persoun, déi net schafft, well se soss hir Kannerbetreuer net organiséiert kritt, oder eng Mamm, déi net schafft an duerno gescheet gëtt, kascht d'Allgemengheet méi deier, wéi wa mer derfir suergen, datt si am Beruff aktiv bleift. An dofir encouragéiert d'Finanzkommission an hirer Majoritéit d'Regierung, fir all déi Reforme virunzedeiwen, déi et Pappen a Mammen erméiglechen, sech souwuel doheim an der Famill ewéi och op der Aarbecht ze verwierklechen.

An d'Regierung steet virun enger grousser Erausforderung, well dës Mesurë stelle virun allem e Paradigmewissel an der Familljen- a Gesellschaftspolitik duer. Déi skandinavesch Länner si schonns viru Jorzéngten op dee Wee gaangen an hunn haut an dëser Politik eng komplett Offer fir all Familljen unzebidden. Néierewou an Europa ass den Taux de natalité esou encourageant, de Gebrauch vum Temps partiel, och fir Pappen, méi grouss, an d'Offeren u Betreuerstrukturen a Ganzdagsschoule sinn exceptionnel, och an hirer Qualitéit. Et muss ee just einfach eng Kéier ufänken.

De Fonds national de solidarité kritt duerch den Artikel 6 aus dem Projet de loi maximal fënnf Officiere de police judiciaire. D'Finanzkommission hat am Ufank Bedenken iwwert dës nei Opstellungspropos, mä konnt sech mat der Mesure ufrënnen, wëssend, datt dës Persoun souwéi esou virgesi sinn, fir am Service des fraudes ze schaffen. D'Regierung erhofft sech, ëm déi fënnf Milliounen Euro un Opdeckung vu Fraudés an Abus anzespueren.

De Stat wäert sech an Zukunft am Kader vum Ausbezuule vun Alimenter méi strikt un déi maximal virgeschriwwen Montanten aus dem RMGs-Gesetz halen an domadder och zousätzlech eng Rei vun Affekotenausgabe vermeiden. De Stat erhofft sech, tëscht 65.000 a 70.000 Euro d'Joer ze spueren.

Den net remboursabele Plaffong aus dem RMGs-Gesetz bleift op ronn 230.000 Euro, wat geduecht wor, de Präis vun enger klenger Wunneng duerstellen. Dës Status quo ass en Deel vun dem Accord signé tëscht Regierung a Gewerkschaften.

Fir d'Leit ab 50 Joer bleift den net remboursabele Plaffong an engem CIPA, Maison de soins etc. op 2.500 Euro.

D'Taxe fir Waasser an Ofwaasser si vun 2006 un net méi adaptéiert ginn. Duerch dës Projet de loi ginn d'Taxe vum Waasser a vum Ofwaasser ëm 25% erop. Dës Taxenerhéijung wäert sech awer eréischt am Budget 2016 répercutéieren. Et geet hei ëm eng Zuel vu ronn 2,5 Milliounen Euro. D'Waasserwirtschaftsamt wäert an Zukunft eng Redevance erhiewen op all Waasseranalys, déi net am Optrag vum Stat selwer gemaach gëtt. Domadder kritt de Stat zousätzlech Recetten ëm déi 1,2 Milliounen d'Joer, allerdéngs och eréischt ab 2016.

Am Kader vun de Bonifications d'intérêts am Logement huet d'Regierung decidéiert, ab 1. Januar 2015 - et war scho kuerz ugeschnidde gi vum Rapporteur - eng Bonifikatioun nach just un déi Familljen ausbezuulen, wou de Revenu imposable net méi héich ass wéi véiermol den onqualifizéierte Mindestloun. D'Regierung erhofft sech eng Mannerausgab vun 42.000 Euro am Joer 2015, duebel esou vill am Joer 2016.

D'Aide d'épargne-logement, am Joer 2002 agefouert, wou all Kand 100 Euro kritt huet, huet sech als net sënnavoll erweisen. Nëmme

2.100 Kanner hunn dës Aide säitdeem kritt. Si gëtt ofgeschafft.

De Prozentsaz u staatlecher Bähëllef beim Schafe vu Wunnenge respektiv fir d'Sanéierung vu Wunnenge geet fir Gemengen a Gemengesyndikater vu 70 op 75 erop, dat heescht, vu 70% op 75% erop. Verschidden Dispositione gi geschafen, fir an Zukunft d'Locatioun respektiv de Verkaf vun Dëngschwunnenge vum Stat méi einfach ze gestalten. Dëst huet keng budgetär Auswierkung op de Budget 2015.

Eng Mesure awer, déi sécherlech nach nei Dispositione mat sech brénge wäert, ass eng deels nei Verdeelung vum Impôt commercial communal, notamment fir de Fonds pour l'Emploi zousätzlech ze speisen. Dës Ëmverdeelung chiffriert sech op aacht Milliounen Euro. D'Finanzkommission an hirer Majoritéit kann dës Mesure ënnerstëtzen. Allerdéngs freet se d'Regierung, fir méiglechst séier déi iwwerfällg Gemeengefinanzreform endlech an d'Wee ze leeden. D'Finanzkommission ënnersträicht och, datt eng Partie vun de Recetten aus dem Mengesecteur musse weiderhin an direkter Relatioun mat der Wirtschaftsaktivitéit a mat dem Akommes vun de Betriber aus der Meng bleiwen.

Dës Regierung huet e Privileg ofgeschafft, oder, wéi et am Titel heescht, eng „faveur“ ofgeschafft, den Trimestre de faveur. Dëst stellt fir d'ëffentlech Hand eng Mannerausgab vu ronn zwou Milliounen Euro d'Joer duer. No de Verhandlungen tëscht Regierung a Gewerkschaften ass fir 2015 d'Ofschaffen op den 1. Mee no hanner verréckelt ginn. Dat mécht allerdéngs eng Moins-value vun 800.000 Euro fir d'Joer 2015 aus. Den Trimestre de faveur bleift bestoe fir d'Survivanten, am Fall vun engem Stierffall.

De Congé linguistique gëtt just nach zu 50% vum Stat zrëckbezuel. D'Finanzkommission kann dës Mesure matdroen, wëssend, datt deen allergréissten Deel vun de Lëtzebuergesche Sproochcoursen ausserhalb vun den Aarbechtsstonne besicht ginn. Dës Mesure stellt eng Mannerausgab duer vu ronn 100.000 Euro d'Joer. Trotzdeem, a well mer wëssen, datt d'Sprooch, en l'occurrence d'Lëtzebuergesch Sprooch, e wichteg Facteur d'intégration ass, freet d'Finanzkommission, datt d'Regierung d'Evolution vun de Präsenzen an de Lëtzebuergesche Coursé suivéiert an déi zoustänneg Chamberskommissionen och doriwwer informéiert.

De Congé culturel gëtt ofgeschafft. D'Finanzkommission kann dës Mesure sécherlech matdroen, well si erkannt huet, datt et wichteg a richtig ass, datt de Kulturministère sech esou séier wéi méiglech prezis a kloer Kritäre gëtt, fir déi verschidde Formen vun Ënnerstëtzung am kulturelle Beräich ze gestalten. Oft brauchen d'Leit aus der Kultur éischter méi Zäit zur Verfügung, wéi zum Beispill eng finanziell Hëllef. Prezis Kritäre kënnen sécherlech do kloerheet schafen. Hei geet et eigentlech manner ëm eng Mannerausgab vum Stat, wéi ëm de Wëllen, eng méi gerecht Verdeelung vu verschiddene Formen vun Ënnerstëtzung anzeféieren.

Schlussendlech ginn eng Rei Taxen agefouert, Taxe fir notamment Certificats d'équivalence an der Demande vun Duplicata am Beräich vum Enseignement an am Enseignement supérieur. De Stat erhofft sech Recetten am Beräich vu 630.000 Euro d'Joer.

Datselwecht gëllt fir de Ressort vun der Santé, wou eng Redevance erhuewe gëtt fir verschidde Services, déi geleescht ginn, esou wéi dat schonns de Fall ass an anere Länner. De Stat erhofft sech Recettë vu ronn 320.000 Euro.

An dësem Projet de loi gëtt d'Gesetz aus dem Joer 2010 betreffend déi sougenannten „INSPIRE-Direktiv“ op e puer Punkten adaptéiert.

D'Acquisitioun vun der Cité policière an de Verkaf vun engem Terrain zu Hollerech sinn aus dësem Projet de loi erausgeholl ginn, well se elo an zwou Lois spéciales ëmgeschriwwen gi sinn, esou wéi de Statsrot et a sengem éischten Avis sous peine d'opposition formelle suggeréiert hat.

## Chamber aktuell

*Chamber TV vous propose tous les lundis entre 20.00 et 22.00 heures les moments forts de l'actualité parlementaire.*

*L'émission est rediffusée du mardi au vendredi de 20.00 à 22.00 heures, à l'exception des jours de séance.*





Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif gäre menge Kolleegen a Kolleginnen aus der Finanzkommissioun e Merci ausriichte fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht bei dësem komplexe Projet. E Merci och fir d’Gedold an d’Ausdauer. E Merci fir d’Madame Guezennec a fir den Här Zeeb fir hir Mathëllef.

An lech, Här President, Merci fir d’Indulgence bei menger Riedezäit, déi gläich eriwwer ass, mä och ech si gläich fäerdeg mat mengem Rapport.

Zum Schluss, Här President, erlaabt mer, e perséinleche Wonsch auszudrécken, de Wonsch, datt den Zukunftspak sech zu engem Zukunftsprojet fir onst Land entwéckelt.


► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Rapportrice. An ech ginn dee Merci fir d’Indulgence weider un d’Kolleege vun deene verschidene Fraktiounen, well dat mat hinnen ofgeschwat war a mer jo deen Débat als Ganzt féieren, also och d’Rapporten als Ganzt ugesinn. Merci.

Domat si mer um Enn vun der Sëtzung vun de Mëtten ukomm. Rendez-vous muer de Moien um néng Auer fir d’Äntwert respektiv d’Aféierung vum Finanzminister respektiv der Regierung an d’Diskussioun iwwert déi eenzel Projeten an d’Motioun.

Villmools Merci a bis muer!

**(Fin de la séance publique à 16.25 heures)**



Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président

## Sommaire

- Ouverture de la séance publique
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2015 [...] (suite)
  - 6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)
  - 6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d’avenir - première partie (2015) [...] (suite)
    - Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, relatif aux projets de loi n°6720, n°6721 et n°6722
- Dépôt d’une motion par M. Laurent Mosar
  - M. Laurent Mosar
- Ordre du jour
  - M. Mars Di Bartolomeo, Président
- Motion de M. Marc Angel relative à la reconnaissance formelle de l’État de Palestine dans les frontières de 1967 uniquement modifiées moyennant accord des deux parties, au moment qui sera jugé le plus opportun
  - Motion de M. Laurent Mosar relative à la reconnaissance en principe de l’État palestinien et à l’appui d’une solution fondée sur les deux États dans le cadre d’une mise en marche d’un processus de pourparlers de paix
    - Exposés: M. Marc Angel, M. Laurent Mosar
    - Discussion générale: Mme Lydie Polfer, M. Claude Adam (interventions de M. Claude Wiseler et Mme Lydie Polfer), M. Fernand Kartheiser (dépôt d’un amendement), M. Serge Urbany, M. Laurent Mosar, M. Marc Angel (M. Claude Wiseler intervient)
    - Prise de position du Gouvernement: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes
    - Mme Lydie Polfer (parole après ministre)(M. Claude Wiseler intervient), M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)
    - Vote sur la motion 1 (adoptée)

- M. Serge Urbany, M. Mars Di Bartolomeo, Président
  - Vote sur la motion 2 (adoptée)
- 6725 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l’infrastructure ferroviaire
    - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
    - Discussion générale: M. Serge Wilmes, M. Roger Negri, M. Gusty Graas, M. Roy Reding, M. Justin Turpel
    - Prise de position du Gouvernement: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
    - M. Gast Gibéryen (parole après ministre), M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
    - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - 6712 - Projet de loi portant fusion des communes d’Eschweiler et de Wiltz
    - Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Claude Haagen
    - Discussion générale: M. Emile Eicher, M. Guy Arendt, M. Roberto Traversini, M. Justin Turpel
    - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur
    - Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
  - 6605 - Proposition de loi relative au changement du nom de la commune d’Erpeldange en celui d’Erpeldange-sur-Sûre
    - Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. André Bauler
    - Discussion générale: M. Aly Kaes, M. Claude Haagen
    - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l’Intérieur
    - Vote sur l’ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État; M. Etienne Schneider, Vice-Premier Ministre; MM. Jean Asselborn, Félix Braz, Nicolas Schmit, Romain Schneider, François Bausch, Fernand Etgen, Mme Maggy Nagel, M. Pierre Gramegna, Mme Lydia Mutsch, MM. Dan Kersch, Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

**(Début de la séance publique à 9.02 heures)**

### 1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech maachen eis Sëtzung heimat offiziell op. E schéine gudde Moien!

Huet, Här Statsminister, d’Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d’État.** - Herno gëtt eng gemaach.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci villmools. Da gi mer weider an eisem Ordre du jour: d’Diskussioun, d’Presentatioun vum Statshaushalt an deene konnexe Projete fir 2015. Mir héieren elo d’Presentatioun, den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Statsbudget, iwwert d’pluriannuel Finanzplanung an iwwert den Zukunftspak.

Här Finanzminister, Dir hutt d’Wuert.

### 2. 6720 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2015 [...] (suite)

#### 6721 - Projet de loi relatif à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2014 à 2018 (suite)

#### 6722 - Projet de loi relative à la mise en œuvre du paquet d’avenir - première partie (2015) [...] (suite)

**Exposé de M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, relatif aux projets de loi n°6720, n°6721 et n°6722**

► **M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances.** - Här President, Här Premierminister, léif

Kolleege vun der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, gëschter hate mer zwee Rapporteurs, déi eng super Aarbecht geleescht hunn. Ech géif hinne gär direkt Merci soe fir hir Berichter, déi schéin an d’Déift gaange sinn. An ech weess, wéi schwéier et war, déi Aarbecht ze maachen. Ech kommen nach duerno drop zrëck.

Ech wéilt direkt am Ufank soen, dass déi Budgetsried an déi Débata ronderëm de Budget 2015 bestëmmt mat déi animéiertst waren, déi onst Land an deene leschte Joren a vläicht Jorzéngte kannt huet ronderëm d’Fro vum Budget. An dat ass och net verwonnerlech, well d’Enjeue si ganz grouss. An ech wollt direkt am Ufank nach eng Kéier soen, wat fir eng Erausforderung mer hu missen an dësem Budget 2015 - an an deenen, déi duerno kommen - an d’A faassen!

Éischstens emol verléiere mer d’nächst Joer, an dat ass deen éischte Punkt, op d’mannst 700 Milliounen Euro TVA électronique. Dat ass scho laang gewosst, mä et ass näischt do gemaach ginn. An dofir huet dës Regierung dat missen upaken.

Zweete Punkt: Mir schleefe säit 2008 am Zentralstat regelméisseg Defiziter zwëschen 800 Milliounen an enger Milliard mat. Dat waren d’Defiziter zwëschen 2008 bis 2012. Dat kann onst Land sech net méi leeschten!

An drëttens: Eis Schold, déi ass virun zéng Joer ongeféier eng Milliard gewiescht. Déi ass der haut méi wéi eelef! An deene leschte fënnef Joer ass eis Schold par rapport zum PIB vu 7% op 23% geklommen, huet sech also a fënnef Joer verdäifacht. Och dat ka sech onst Land net méi leeschten.

Dat war déi schwéier Aufgab, virun där mir stoungen. An ech wollt se nach eng Kéier répé-

téieren, well herno huet een de Risque mat all deenen Zifferen, dass ee guer net méi weess, wou een drun ass. Ech wëll also, dass ee vu lauter Beem de Bësch herno nach ëmmer gesäit!

Ech mengen ze wëssen, well et och schonn hei gesot ginn ass, ënner anerem an der Kompetitivitéitsdebatt, dass déi Haaptoppositiounspartei deen Diagnostique deelt, dass dat doten net méi tragbar ass an dass do muss agéiert ginn. Dat ass u sech eng ganz gutt Noriicht, wann een op d’mannst um Diagnostique sech eens ass.

Fir déi grouss Erausforderung do ze léisen, ass et eben och net duergaange mat engem Gesetzesprojet fir de Budget 2015, mä mir hunn dat och misse pluriannuel maachen, och weinst europäesche Fuerderungen. Mä dat erlaabt eis natierlech, vill méi am long Terme d’Problemer ze kucken, a mir hunn déi 258 Mesurë vum Zukunftspak. Mir hunn also dräi Gesetzesprojeten, déi mer hei matenee beschwätzen an diskutéieren an debattéieren.

Fir et ganz einfach schonn am Ufank ze soen: Mir hunn den Défi, dee mer haten, an d’Ae gekuckt, an ech kann haut soen, dass mer déi schwéier Aufgab geléist hunn. An ech sinn net deen, deen dat selwer seet, oder d’Regierung, déi dat selwer seet, dat ass d’Europäesch Kommissioun, déi eis dat den 28. November gesot huet! Si huet eis gesot: „Lëtzebuerg ass fir déi nächst Joren an der Rei mam Pacte de stabilité et de croissance.“ Si seet dat op der ganzer Periode. An ech freeë mech doriwwer. An an där ganzer Periode kënnt Lëtzebuerg net aus der Bunn! Am Jargon vu Bréissel heescht dat, dass mer net ënnert de Volet correctif vum Pacte de stabilité kommen.

A mir halen och de Pacte de stabilité a mat deene Mesuren, mat deem Accord, dee mer

mat de Syndicaten ofgeschloss hunn, well do leie mer nach ëmmer an de Limitten, déi de Stabilitéitspak virgesäit.

Ech géif soen, dass déi Décisioun vun der Kommissioun eis am Fong geholl en immense Pak vu Konfienz schenkt. A mat där Konfienz ass et natierlech méi einfach, ze schaffen!

Ech komme gären zrëck - no där Introduktioun, fir elo nëmmen Zifferen op den Dësch ze leeën - op déi zwee Rapporte vun de Rapporteurs Franz Fayot a Viviane Loschetter. Ech géif hinne gäre Merci soen, well si hunn eng super Aarbecht gemaach. An Dir wësst, dass d’Zäit ganz enk war. An et war och ganz vill ze maachen. De Ben Fayot - oh, de Ben Fayot! -, de Franz Fayot huet richtegerweis gesot - ech hofen, dass de Ben Fayot dat och deelt -, de Franz Fayot huet...

#### (Hilarité)

De Franz Fayot huet richtegerweis gesot, dass dës Budget ënnert dem Zeeche vun der Responsabilitéit ass an dass déi Responsabilitéit de Fil rouge ass vum Budget 2015, vum Pluriannuel a vum Zukunftspak. Hien huet insistéiert, dass am Fong geholl de Budget 2015 an déi aner „atypesch“ sinn. An en huet do dräi Saache genannt. En huet genannt éischstens, dass et pluriannuel wier. Zweetens huet e genannt, dass déi nei Kontabilitéitsregel SEC 2010 applizéiert gëtt. An en huet genannt, dass et e Budget „nouvelle génération“ wier.